# Gemengebuet



N°5 | 2025

Schëtter

# Gemengebuet

**N°5 | 2025**

**IMPRESSUM**

**EDITEUR:** Gemeng Schëtter

**LAYOUT AN DESIGN:** maru.

**FOTOEN:** Gemeng Schëtter, Fotoclub Schëtter, Steve Troes.

**DROCK:** Imprimerie OSSA

**DROCK-QUANTITÉIT:** 650 ex.

# INHALTSVERZEECHNES

**03 Virwuert**

**06 Neies aus der Gemeng**

06 Brennholz-Commande

**07 Infrastrukturprojeten**

07 Nei Moossname fir méi Verkéiers-berouegung

09 Neie Scoutschalet fir Schëtter

11 Projet en cours

**12 Gréngen Eck**

12 Aktioun "Gielt Band": Uebst pläcken, Gaspillage evitéieren

13 Starter Kit fir d'Schoulrentrée 2025/2026

14 Klimabonus: Mouer a Wiss

15 De Steekauz an d'Bongerten

17 Staarkreen: Positiv Effekter duerch intakt Iwwerschwemmungsgebidder

**19 Mënsche mat Geschichten**

19 Jean-Pierre Kauffmann: Politiker mat Bensinn am Blutt

23 Marc Trossen: Lokal- an National-geschicht méi spannend wéi e Krimi

**27 Réckbléck op eis Evenementer**

**39 Veräinsliewen**

**47 Manifestatiounskalenner**

**49 Gemengerotssëtzungen**

**65 Verschiddenes**

# LÉIF BIERGERINNEN A BIERGER,

D'Joer geet lues a lues op en Enn, den Dezember ass dee Mount am Joer, wou ee sech besonnesch Zäit hëlt, fir d'Famill ze gesinn, fir nei Virsätz ze faassen a fir zeréckzekucken op dat, wat an deene leschten 12 Méint geschitt ass. 2025 war e produktiivt an dynamescht Joer, mat ville flotten Erliefnisser an neien Entwécklungen. Dës Changementer hu sech och am politesche Liewen erëmgespigelt; am Laf vum Joer koum et zu personelle Verännerungen am Gemengen- a Schäfferot, déi nei Impulser an d'Gemengepolitik bruecht hunn. An deem Kader wëlle mir dem Andy Kiser e grousse Merci ausdrécke fir säin Engagement als Schäffen an de leschten zwee Joer. E besonnesche Merci geet och un de Jemp Kauffmann, deen no 43 Joer am Déngscht vun eiser Gemeng seng politesch Pensioun ugetrueden huet. Seng Erfarung a säi laangjäregen Asaz hunn d'Gemeng matgepräägt, a mir wënschen him fir d'Zukunft alles Guddes.

Schëtter lieft – dat hu mir och dëst Joer nees gesinn. Eis Fester an Aktivitéiten hu vill Leit ugezunn, net nëmmen aus eiser Gemeng, mee och aus der Ëmgéigend an esouguer aus eiser däitscher Partnergemeng Siegelsbach, mat där mir dëst Joer 35 Joer Jumelage gefeiert hunn a besonnesch houfreg drop sinn, dass dës Frëndschaft zanter 1990 besteet an och weiderhi gutt gefleegt gëtt. Nieft de grousse Manifestatioune sinn et och déi kleng Eventer, déi d'Zesummeliewen an eiser Gemeng ausmaachen – wéi e Besuch um Maart oder en Informatiounsowend. Mir géingen eis wënschen, dass dës Eventer an Zukunft nach méi lieweg ginn – mat Ärer Präsenz an Ärer aktiver Bedeelegung.

Besonnesch um Häerz läit eis d'Integratioun an dat interkulturellt Zesummeliewen. 94 ënnerschiddlech Nationalitéite wunnen an eiser Gemeng, dat ass méi wéi just eng Zuel – et ass eng lieweg Mëschung vu Kulturen, déi sech an eisem Alldag erëmspigelt; an de Sproochen, déi mir héieren, an de kulinareschen Traditiounen, déi mir genéissen, an de Geschichten, déi mir eis erzielen. Dës Vilfalt mécht eis Gemeng zu engem oppenen, liewege Raum, wou jiddereen wëllkomm ass. Awer wat kënne mir maachen, fir dass all Eenzele sech bei eis net nëmmen akzeptéiert, mee och wierklech doheem fillt? Dat hu mir versicht am Dialog mat Iech erauszefannen. Eis ass et wichteg, dass Dir Iech aktiv un der Gestaltung vun eiser Gemeng bedeelege kënnt. Am Kader vun zwee Biergerateliere hu mir Iech nogelauschtert, Iddie ges-

ammelt an no Léisunge gesicht – a mir géingen eis freeën, beim nächste Biergeratelier nees mat Iech an d'Gespréich ze kommen. Mat Ärer Hëllef wëlle mir eis Gemeng nach méi inklusiv a biergerno gestalten.

Zesumme mat de Bierger schaffen – dat gëllt natierlech och fir d'Weiderentwécklung vun eiser Infrastruktur. An deem Sënn wäerten nächst Joer e puer gréisser Chantieren ufänken, déi net nëmmen d'Optik vun eiser Gemeng verschéineren, mee virun allem d'Liewensqualitéit op laang Siicht verbesseren: d'Neigestaltung vum Duerfkär zu Schëtter, den Ausbau vum Schoulcampus an der Dällt souwéi den Amenagement vun der Rue Principale si just e puer spannend Projeten, déi aktuell ustinn. Mir sinn eis bewosst, dass esou Chantieren e groussen Impakt op d'Liewe vun den Awunner, de Foussgänger an den Automobiliste wäerten hunn, an d'Alldagsliewe staark beaflosse kënnen. Dofir ziele mir op Iech, op Är Gedold an op Äert Versteesdemech a soen Iech virop scho villmools Merci.

Zum Schluss wëlle mir Iech och Merci soe fir Äert Vertrauen an Ären Engagement fir d'Wuel vun eiser Gemeinschaft.

Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg, eng flott Zäit mat Äre Léifsten, e schéint neit Joer an eng gutt Gesondheet!

**Äre Schäfferot**



FUN FACTS

**Wousst Dir, dass d'Fiichtgebitt "Schlammwiss" zu Iwwersiren mat sengen 375 Hektar dat gréisst zesummenhängend Schilfgebitt a ganz Lëtzebuerg ass?**

Dëst Naturreservat bitt e wichtege Liewensraum fir d'Déieren- a Planzewelt an ass bekannt fir seng Vigelberéngungen.

Méi Informatiounen zu dësem aussergewéinleche Site, d'Datumer vun de Vulle-Beobachtunge souwéi aner Naturaktivitéiten, déi d'ganzt Joer iwwer ugebuede ginn, fannt Dir op **www.syrdallbirds.lu**.





# BRENNHOLZ-COMMANDE

Ab dem 15. Januar 2026 kënnt Dir Brennholz zu attraktive Präisser op eiser Websäit **www.schuttrange.lu** bestellen.

Leschten Delai fir Bestellungen ass den 31. Januar 2026.

Weider Informatiounen



# NEI MOOSSNAME FIR MÉI VERKÉIERS-BEROUEGUNG

Fir d'Sécherheet am Stroosseverkéier ze erhéijen an d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze verbesseren, sinn uechter d'Gemeng dräi verkéiersberouegend Moossname virgesinn:


- **Rue du Village:** An dëser 30er Zon ginn zwee Ralentisseuren installéiert, fir d'Automobilisten dozou ze beweegen, hir Fuerweis unzepassen.

- **Am Waasserfeld:** Am Agang vun Iwwersiren gëtt den aktuellen "Berliner Kissen" duerch en neien "Sinus Ralentisseur" ersat.

**Rue du Village Schëtter**

**Am Waasserfeld Iwwersiren**

**Rue du Parc Minsbech**



- **Rue du Parc:** Hei gëtt d'Vitess vu 50km/h op 30km/h reduzéiert. Gläichzäiteg gëtt den Agangsberäich moderniséiert an den Zebrasträifen de PMR-Richtlinnen (personnes à mobilité réduite) ugepasst, fir eng besser Accessibilitéit fir jiddereen ze garantéieren.




Mat dëse Moossname soll de Stroosseraum net nëmme méi sécher, mee och méi attraktiv an inklusiv gestalt ginn.



# NEIE SCOUTSCHALET FIR SCHËTTER

Am Bongert hannert dem ale Gemengegebai entsteet eng zukunftsorientéiert Infrastruktur fir déi Jonk. De Scoutschalet gliddert sech op harmonesch Aart a Weis an déi ländlech Ëmgéigend an, an ass op zwee Niveauen direkt mam neie Gemengegebai verbonnen: iwwer eng grouss gemeinsam Terrass an iwwer ee Passage am Souterrain.


## Flexibelt Raumkonzept

Flexibilitéit steet am Viergrond vun dësem Projet. Verschidde Raim kënne getrennt vunenee genotzt ginn, an och den Accès op d'Terrass kann – jee no Aktivitéit – limitéiert ginn. Sou kann de Chalet net nëmme vun de Scouten, mee och vu Veräiner, der Maison Relais oder der Schoul fir verschidden Zwecker gelount ginn.

Um ënneschte Stack, wou och den Haaptagang vum Scoutshome ass, entsteet en 150m² grousse Multifunktiounsraum, dee jee no Besoin a bis zu dräi méi kleng Raim kann opgedeelt ginn. Zousätzlech ginn hei en Atelier a Raim fir Stockage amenagéiert.



Place de l'Église Schëtter





Grouss Fënsteren op der Süd-Säit loosse vill Dagesliicht eran a bidden domat eng flott Vue an de Gaart.

### Fir Confort ass gesuergt

Eng Etage méi héich fënnt een d'Dortoirë mat genuch Plaz a Confort fir déi jonk Gäscht. De Chalet bitt Raum fir ronn 70 Better, dorënner och Schlofplaze fir Persoune mat Handicap. Zwee separat Dortoirë si fir Begleetpersoune virgesinn. D'Sanitäranlage sinn esou placéiert, dass se zu enger gudder akustescher Ofschiermung tëscht de Schlofkummeren an der Eisebunn bäidroen. Ee Stack méi héich sinn nach eng Rou-Zon, technesch Raimlechkeeten an zousätzlech Fläch fir Stockage geplangt.

Mat dësem Chalet entsteet zu Schëtter eng nei Plaz, wou Gemeinschaft net nëmme geduecht, mee och gelieft gëtt, wou funktionell Architektur an interkulturellt Zesummeliewen openeentreffen.

D'Chantiersaarbechte wäerte viraussiichtlech am Abrëll 2026 ufänken. De virleefege Käschtepunkt vum Projet läit bei 9.113.402€, inkl. TVA.








# PROJET EN COURS










**Spillplaz "an der Uecht"**
**Schëtter**






# AKTIOUN “GIELT BAND”:
## UEBST PLÉCKEN, GASPILLAGE EVITÉIEREN

Am Summer huet d'Gemeng Schëtter nees op d'Aktioun „Gielt Band" opmierksam gemaach. Op verschiddene Plazen uechter d'Gemeng konnt gratis Uebst vun 13 Beem gepléckt ginn, déi mat engem giele Band markéiert waren. Zur Verfügung stoungen 10 Beem an der Schlassgewan (Rue Principale & Rue d'Oetrange) souwéi 3 Beem am Bongert nieft dem Kierchepad.

Mat dëser Initiativ wollt d'Gemeng net nëmme géint Gaspillage virgoen, mee och d'Awunner motivéieren, regional a saisonal Friichte fir Kompott, Gebeess, Taarten oder frësche Jus ze benotzen.

D'Resonanz war positiv a mir hoffen, dass och an Zukunft nees vill Leit vun dëser Aktioun Gebrauch maache wäerten.

**Hutt Dir e Bongert a wësst net, wat Dir mat där grousser Quantitéit un Uebst maache sollt? Registréiert Iech gratis op www.kierfchen.lu an deelt Är Friichte mat anere Leit.**

www.kierfchen.lu

# STARTER KIT FIR D'SCHOUL-RENTRÉE 2025/2026

Als Klimapakt-, Klimabündnis- a Fairtrade-Gemeng engagéiert sech Schëtter fir nohaltegen Akaf. Zanter dem Schouljoer 2021/2022 kréien all d'Schüler aus de Cyclen 1 bis 4 ee Kit mat zertifiéiertem, nohaltegem Schoulmaterial.

Dëse Starter-Set ass mat unerkannten Nohaltegkeetslabelen zertifiéiert, déi garantéieren, dass d'Produiten ëmweltfrëndlech sinn a keng gesondheetsschiedlech Schuedstoffer enthalen.






Klimabonus

# Mouer a Wiss

**Prime fir Ökosystemleeschtungen vu Fiichtgebidder an aarteräiche Wisen**

De Klimabonus Mouer a Wiss, eng Initiativ vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, ënnerstëtzt privat Proprietairen, déi geschützt Fiichtgebidder oder aarteräich Wisen op hirem Terrain hunn. Dëse Bonus soll d'Resilienz vun den Ökosystemer géintiwwer dem Klimawandel stäerken, andeems eng nohalteg Bewirtschaftung vun dëse wichtege Biotope geférdert gëtt.

## Fir wien ass de Klimabonus geduecht?

All Privatpersoun, déi am Besëtz vun enger aarteräicher Wiss oder engem Fiichtgebitt ass, dat am oppene Biotop-Kadaster als geschützt klasséiert ass an an enger grénger Zon läit, kann dës Ënnerstëtzung ufroen – ënner der Bedingung, dass si sech fir zéng Joer dozou verflicht, de Biotop ze erhalen oder ze verbesseren. Fir erauszefannen, ob en Terrain en eligibele Biotop enthält, kann een dëst op geoportail.lu nokucken.

D'Héicht vun der Prime hänkt vun der Fläch of, déi eligibel ass, a gëtt all Joer vum Staat ausbezuelt:

150 €/ha/J fir déi éischt 0–25 ha
75 €/ha/J fir 25–50 ha
37,50 €/ha/J fir méi wéi 50 ha

Zousätzlech gëtt et en Zouschlag vu 25 bis 100 €/ha/J fir Flächen, déi an enger geschützter Zon leien.

Braucht dir Rotschléi oder Hëllef fir d'Bewirtschaftung oder d'Restauratioun vu Fiichtgebidder oder Wisen? Kontaktéiert d'biologesch Statioun an Ärer Regioun.

## Aarteräich Wisen bidden der Gesellschaft vill wichteg Virdeeler

- Buedemschutz
- Reguléierung vum Waasserhaushalt
- Schutz géint Buedemerosioun
- Erhale vun der Biodiversitéit an engem Erhuelungsraum – och fir den Ökotourismus
- Schafe vu Réckzuchsgebidder fir rar oder bedroten Aarten
- Opnam a Späichere vu Kuelestoff
- Sécherstellung an Ënnerstëtzung vun der ökologescher Vernetzung

## Prozedur fir d'Ufroe vun der Prime

D'Formulairen sinn op guichet.lu verfügbar. D'Ufro muss bei der Naturverwaltung (ANF) agereecht ginn. Bei Froe kënnt dir d'ANF kontaktéieren ënner: kbmw@anf.etat.lu

Déi detailléiert Bezeechnungen vun den eligibelen Biotopen fannt dir an de jeeweilegen Reglementer op legilux.lu

Méi Informatiounen op emwelt.lu

SIAS

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité



# DE STEEKAUZ AN D’BONGERTEN

Zënter Joren engagéiere sech d'SIAS-Gemengen, dorënner och d'Gemeng Schëtter, fir d'Erhale vun der Flora a Fauna am Oste vu Lëtzebuerg. E positiivt Beispill ass de Steekauz. Dës klengst Eilen-Aart zu Lëtzebuerg war fréier am ganze Land wäit verbreet, awer haut ass dëse Kulturfolger zimmlech rar ginn. Wärend et an den 1970er Joren e puer dausend Steekauz-Koppelen am ganze Land gouf, goufen et am Joer 2019 nëmmen nach 20 bis 30, haaptsächlech well säi Liewensraum, wéi zum Beispill traditionell Bongerten, rar gi sinn. De Steekauz nist an ale Bamhielen, awer hëlt och gär kënschtlech Niströhren un. Fir de Liewensraum vum Steekauz ze erhalen an ze verbesseren, engagéiert sech den Ëmwelt- an Naturschutzsyndikat SIAS fir d'Erhalen an d'Etabléieren vun neie Bongerten a senge Membersgemengen. An de leschte fënnef Joer goufen iwwer 8.000 Uebstbeem am SIAS-Gebitt geplanzt.

Gläichzäiteg gi bestoend Beem reegelméisseg ënnerhale. Duerch de sougenannte Biodiversitéitsprogramm kann d'Biologesch Statioun SIAS Gestiounskontrakter mat Baueren ofschléissen, fir eng extensiv Beweedung an de Bongerten ze garantéieren. Dank dësen a villen anere Moossname weist d'Steekauzpopulatioun am SIAS-Gebitt e positiven Trend. Si schéngt sech och an der Gemeng Schëtter erëm doheem ze fillen.



Wann Dir Héichstamm-Uebstbeem hutt, déi gefleegt misste ginn, oder wann Dir en neie Bongert uleeë wëllt, kontaktéiert eis gären ënnert der Nummer 34 94 10 29 oder ënner technique@sias.lu. Mir beroden Iech gäre bei all weidere Froen, déi Dir zu Steekäiz a Bongerten hutt.

**Kontakt**

**Doris Bauer**
**d.bauer@sias.lu**
**tel.: 34 94 10 27**
**www.sias.lu**

Auteur vum Artikel:

SIAS

# STARKREGEN: POSITIVE EFFEKTE DURCH INTAKTE AUENFLÄCHEN

Natürliche respektiv naturnahe Bach- und Flussauen besitzen die Fähigkeit, Niederschlagswasser zu speichern anstatt es schnell abzuleiten. Somit können sie einen wesentlichen Beitrag zur Rückhaltung von Niederschlägen und Verminderung von Schäden leisten, wie sich erneut bei den letzten heftigen Regenfällen Anfang September an manchen Stellen deutlich zeigte. Unversiegelte Bereiche an Bächen und Flüssen können viele Kubikmeter Wasser über mehrere Stunden zwischenspeichern, um es dann zeitlich verzögert langsam abzulassen.

Die Rückhaltung von Niederschlägen in der Aue bezieht sich auf die Fähigkeit der

- **Speicherung**
  Auen speichern Wasser in ihren Böden und der Vegetation, was als natürliche "Schwammfunktion" des Landes bezeichnet wird.

- **Versickerung**
  Das Wasser kann in den Boden eindringen und das Grundwasser speisen, was zur langfristigen Wasserrückhaltung beiträgt.

- **Verlangsamung des Abflusses**
  Die Auenfunktion verlangsamt den Abfluss von Niederschlagswasser in Gewässer und reduziert so das Risiko von Hochwasserwellen.
- **Hochwasserschutz**
  Durch die Speicherung und Verlangsamung des Wassers wird das Risiko von Überschwemmungen reduziert.

Zudem ist die Rückhaltung in den Auen wichtig für

- **Grundwasserneubildung**
  Mehr Wasser versickert in den Auen, was zur Auffüllung der Grundwasservorräte beiträgt.

- **Klimaresilienz**
  Eine bessere Wasserspeicherung hilft, trockene Perioden besser zu überstehen und die Widerstandsfähigkeit der Umwelt zu erhöhen.

- **Biodiversität und Lebensqualität**
  Auenlandschaften mit intakter Wasserrückhaltung fördern die Artenvielfalt und bieten Lebensraum für viele Tier- und Pflanzenarten.

Maßnahmen zur Förderung der Rückhaltung sind die

- **Naturnahe Ge-**

**staltung von Gewässern**
Fluss- und Auen-renaturierungen schaffen natürliche Rückhalteräume.

- **Entsiegelung von Flächen**
Das Entfernen von Versiegelungen in Städten und Gemeinden ermöglicht das Eindringen von Wasser in den Boden.

- **Anlage von Versickerungsmulden und -flächen**
Diese Strukturen fangen Niederschlag auf und leiten ihn kontrolliert ins Erdreich.

- **Förderung einer naturnahen Landwirtschaft**
Methoden, die die Bodengesundheit fördern und die Wasserdurchlässigkeit des Bodens erhöhen, tragen zur Rückhaltung bei.



Die Flusspartnerschaft Syr ist ein Zusammenschluss aller Akteure, die die Qualität des Wassers und des Lebensraumes „Fluss" auf direkte oder indirekte Weise beeinflussen. Gemeinsam gilt es, Probleme zu benennen und Lösungen zu finden. Dafür wurden mehrere Arbeitsgruppen zu bestimmten Themenbereichen gebildet. Diese erarbeiteten zusammen mit dem Flusskomitee einen Aktionsplan für den Schutz des Gewässers und seines Einzugsgebietes.

*Unversiegelte Flächen in der Aue, in denen Wasser zwischengespeichert wird, bilden Schutz vor Überschwemmungen.*

**Kontakt**

**Fondation Hëllef fir d'Natur/natur&ëmwelt**

**Flusspartnerschaft Syr**
**5, rte de Luxembourg**
**L-1899 Kockelscheuer**

Weitere Informationen rund um das Einzugsgebiet der Syr sowie zur Flusspartnerschaft Syr finden Sie unter:

**www.partenariatsyr.lu**

Auteur vum Artikel:

Partenariat de cours d'eau Flusspartnerschaft Syr

# POLITIKER MAT BENSINN AM BLUTT

Jean-Pierre Kauffmann • Éierebuergermeeschter vun der Schëtter Gemeng

Iwwer véier Joerzéngten huet de Jean-Pierre Kauffmann d'Gemeng Schëtter matgestalt – als Conseiller, Schäffen a Buergermeeschter. Seng politesch Rees huet Ufank der 80er Joren ugefaangen, wéi hie gemierkt huet, dass um Futtballsterrain villes gefeelt huet, z.B. Luuchten oder Raimlechkeete fir d'Spiller. Fir dat ze änneren, huet hie sech un den deemolege Buergermeeschter geriicht. Aus enger einfacher Fro gouf eng Iddi, aus der Iddi eng Entscheedung: sech aktiv an der lokaler Politik ze engagéieren. Dem gebiertege Schëtter ass séier bewosst ginn: „Wanns de derbäi bass, kanns de eppes erreechen!" Doropshin huet hie sech fir d'Walen opstelle gelooss a koum nach am selwechte Joer an de Gemengerot.

> "D'Industriezon war fir mech perséinlech eng grouss Satisfaktioun"

Als Politiker huet de Jean-Pierre Kauffmann – bei ville bekannt als Jemp – eng Rëtsch wichteg Decisioune matgedroen, déi d'Gemeng Schëtter bis haut prägen. Eng vun de bedeitendste war de Bau vun der Industriezon zu Minsbech.

Schonn zu engem fréie Moment war kloer, dass dëse Projet der Gemeng substanziell Virdeeler géing bréngen, erënnert sech den haut 82 Joer ale Pensionär.

Trotz juristeschem Widderstand vu verschiddene Baueren an der delikater Fro vun Enteegnungen huet de Jean-Pierre Kauffmann sech fir d'Industriezon agesat. „Dat ass batter fir mech als Liberalen, een ze enteegnen.






Mee et huet sech gelount gehat“, betount hien. Duerch dëse Projet konnt “de finanzielle Grondstee vun der Finanzstäerkt vun der Gemeng” geluecht ginn – eng Basis, déi et erlaabt huet, wichteg Investitiounen ze maachen.

Hautschaffen dausende Leit am Parc d’activités Syrdall. D’Industriezon steet net nëmme fir wirtschaftleche Wuesstem, mee och fir Innovatioun: Schëtter war nämlech déi éischt Gemeng am Land, déi “Dachbegrünung” virgeschriwwen hat, eng Mesure mat ekologeschem a funktionalem Wäert.

Zwee weider Infrastrukturprojeten, fir déi sech de Jean-Pierre Kauffmann agesat huet, waren de Campus an der Dällt an den éischte soziale Wunnengsbau zu Iwwersiren. Dës Projete sti beispillhaft fir seng politesch Visioun vun enger zukunftsorientéierter Gemeng, déi bezuelbare Wunnraum fir all Generatioun schaaft a Schoulinfrastrukturen esou konzipéiert, dass se de pädagogeschen, sozialen an technologeschen Ufuerderunge vun enger moderner Bildung entspriechen.

Seng politesch Haltung war ëmmer gepräägt vun Dialog a Kompromëss. „Ech hunn ni Saache gemaach, wou ech net komplett dovun iwwerzeegt war“, seet hien. Jonk Leit, déi an d’Politik wëlle goen, kann hien dowéinst nëmmen un d’Häerz leeën, dem eegene Charakter trei ze bleiwen a sech fir dat anzesetzen, wat ee wëll. Meenungsverschiddenheeten am Gemengerot gesäit hien iwwerdeems als Beräicherung: “Et lieft sech jo och besser, wann ee verschidden Iddien huet. An ech fannen dat ganz gutt. Mee heiansdo muss een dru knaen an et kann een och net ëmmer gewannen.”



## “D’Veräins-liewen ass d’Liewen an engem Duerf”

Fir de Jemp war d’Veräinsliewen ëmmer eng Häerzensugeleeën-heet. Mat vill Äifer a Passioun huet hie sech iwwer d’Joren an enger ganzer Rëtsch Associ-atiounen engagéiert – als Grënner, President, Vizepresident, Trainer oder einfach als ak-tive Member. Hien huet zum Beispill d’Jugend-haus gegrënnt an 10 Joer laang geleet, fir de jonke Leit eng Plaz ze bidden, wou si sech austausche kënnen, och wa si net an engem Veräi sinn an ausserh-alb vun der Gemeng an d’Schoul ginn. Am Tennis war hie vun Ufank un dobäi, am Futtball ass hien zanter iwwer 60 Joer aktiv. Dobäi kënnt säin Engagement am Comité vun der Motor Unioun Lëtzebuerg, wou hien 13 Joer President war, am Conseil d’ad-ministration vun der Am-icale des Anciens Ar-tilleurs, als Delegéierte vun der Gemeng am CIPA an am Club Senior souwéi bei La Pétanque Schuttrange.

Fir hien ass kloer: D’Veräinsliewen ass d’Séil vum Duerf. Et verbënnt, schaaft Ze-summenhalt an erméi-glecht Momenter, déi d’Gemeinschaft stäerk-en. Leider géing d’Mo-tivatioun am Benevolat ëmmer méi ofhuelen, bedauert de fréiere Buergermeeschter. Ma grad dowéinst wier et wichteg, dass d’Ge-meng hannert de Veräiner steet an hinne mat Material a Logistik ënnert d’Äerm gräift, fir ze verhënneren, dass se einfach verschwannen.


Nieft sengem Engage-ment an der Politik an an de Veräiner huet de Jemp eng grouss Leidenschaft fir Moto-cross entwéckelt. Iww-er 200 Mol war hien am Ausland op Weltmee-schterschaftscourssen ënnerwee, mat inter-nationaler Lizenz an als Jurymember. D’Reesen, d’Kontrollen, d’Organ-isatioun – et war eng intensiv, mee och flott Zäit, sou de pensionéi-erte Bréiftréier.

Wat wéineg Leit wës-sen: De Jemp huet och eng grouss Virléift fir ee ganz spezielle Kënscht-ler: den Johnny Cash. Gäre bléckt hien op ee spezielle Moment an der Schëtter Kierch zeréck, wou op eemol “Ring on Fire” a “Forever young” gespillt goufen. “Wat huet dat geschaalt an der Kierch! An d’Leit ware begeeschtert! Be-geeschtert!”

## “Ech sinn net méi dran, awer nach derbäi!”

Am Juni 2025 ass de Jemp am Gemengerot zeréckgetrueden. No 43 Joer am Déngscht stellt sech natierlech d'Fro, ob hien d'Roll als Conseiller net vermësst. "Ech sinn net méi dran, awer nach derbäi! Ech vermëssen et selbstverständlech, awer ech war drop preparéiert, ech hat geplangt gehat opzehalen."

Ma och an Zukunft wäert den Éierebuergermeeschter, deen zanter September 2025 dësen Titel dréit, bei ville Gemengen- a Veräinsaktivitéite mat um Depart sinn. Seng Heemecht bedeit him vill. Eng Kéier e Schëtter Jong, ëmmer e Schëtter Jong!







# LOKAL- AN NATIONALGESCHICHT MÉI SPANNEND WÉI E KRIMI

Marc Trossen • Auteur

Onwäit vum fréieren RAD-Lager zu Schraasseg lieft de Marc Trossen, pensionéierten Inspekter bei der Post. Fir hien ass Geschicht net nëmmen en Hobby, mee eng Leidenschaft, déi bis an d'Kandheet zeréckgeet. Hie verzielt: "Mir sinn 1949 zu Märel an en Haus gezunn, dat virdrun engem Collaborateur – ee vun der SA – gehéiert huet. Beim Gruewen am Gaart sinn ech Joren duerno op en Infanteriegewier, Munitioun an Nazi-Ofzeeche gestouss". Dës Entdeckung huet dem Marc seng Begeeschterung fir historesch Themen entfacht. 1980 ass hie mat senger Famill op Schraasseg geplënnert, eng Uertschaft, mat där hien duerch seng Familljegeschicht scho laang verbonne war. Zwee Joer méi spéit huet hie mat senger Broschür "Schrassig – Geschichte einer Ortschaft" dozou bäigedroen, d'Geschicht vu senger neier Heemecht ze dokumentéieren.



Tëscht 1997 an 2018 huet den Auteur eng Rëtsch bedeitend historesch Wierker publizéiert, dorënner d'Buch "Chronik der Pfarrei Schüttringen-Hostert sowie der Höfe Anven und Schittringen", zwee Bänn iwwert d'Feierläschwiesen am Land, souwéi véier Bänn mat iwwer 100 Zäitzeieberichter aus dem Zweete Weltkrich. Seng Fuerschung huet zu wichtege Entdeckunge gefouert, ënnert anerem zu der Decouverte vun den Adelssigele vun den Edelmänner Diederich a Johann von „Schittringen", der Ermëttlung vum Datum vun der éischter Feiersprëtz an der Stad Lëtzebuerg oder der Roll vu Lëtzebuerger Resistenzler beim Opdecke vun der V2-Fabrick zu Peenemünde.

Fir seng Bicher huet hie sech ëmmer bewosst Zäit geholl.

Amplaz owes virum Fernsee ze sëtzen, huet hie sech léiwer zeréckgezunn an u senge Recherchë geschafft. „Déi Krimien am Fernsee sinn dach ëmmer dat selwecht. Mir haten am Ufank mol kee Schlappekino“, erzielt hien. Nieft dem Schreiwen huet hie sech och als historesche Beroder beim Lëtzebuerger Film „Operatioun Pauly“ engagéiert, wou seng Expertise bei Uniformen, Autoen an Detailer gefrot war. „Dat muss schonn 100% sinn!“, sou säin Usproch un d'Produktioun. Seng Genauegkeet war dem Kamerateam eng wichteg Stëtz, besonnesch fir Anachronismen ze vermeiden.

### Miwwelstécker als Zäitzeien

Al Miwwele si fir de Marc méi wéi just Dekoratioun – si sinn Zeien aus vergaangenen Zäiten. A senger Stuff steet e Schaf aus dem Joer 1788, mat Charakter a Geschicht. Wärend vill Mënschen op minimalistesch Innenarchitektur setzen, freet hie sech iwwer esou Stécker, déi e Stammbam opweisen an oft Familljestécker sinn. A wann de Kamäin am Wanter brennt, freet hie sech: „Wann dee Schaf kéint verzielen, wat géif dee soen?“ Leider, fënnt hien, verléiert dës Form vu Kultur ëmmer méi un Interessi bei jonke Leit.

## “Du dierfs net alles schlécke wat s de gesot kriss”

Dem Marc Trossen seng historesch Aarbecht baséiert op enger breeder Palett u Quellen: Archiven, Erzielunge vun Zäitzeien, Fotoen, Tagebicher, Literatur, Videoen an esouguer archeologesch Fonntstécker aus dem eegene Gaart, wou am Zweete Weltkrich d'Führungsbud vum RAD-Lager stoung. Dobäi ass him kritescht Hannerfroe wichteg: „Du dierfs net alles schlécke wat s de gesot kriss. Wat s de méi Quellen hues, wat s de e bessert Bild kriss.” Fir de Schraasseger zielen net just Fakten. Hie versicht Zesummenhäng ze verstoen, deckt Familljegeschichten op an hëlleft Mënschen, méi iwwert d'Vergaangenheet vun hire Virfare gewuer ze ginn. Esou hu schonn e puer Kéiere Leit duerch dem Marc seng Bicher erausfonnt, wou de Krich hire Papp hi verschloen hat oder wouhin hir Mamm an den „Reichsarbeitsdienst“ gezwonge gouf.

### Resistenz an hir vill Gesiichter

Ronn fënnef Joer laang war de Marc Trossen President vun der Unioun vun de Lëtzebuerger Resistenzler an hien ass haut och nach am Conseil vun där Organisatioun aktiv. Hie setzt sech mat voller Iwwerzeegung fir d'Erënnerungskultur an. Fir hien ass d'Resistenz am Zweete Weltkrich net nëmmen eng Geschicht vu Courage, mee och eng Geschicht vu Grozonen a Kollaboratioun.






Hie versicht a senge Publikatiounen all Facetten ze dokumentéieren – vun organiséierter Resistenz bis zu individuellen Akten. Eng Abberzuel u Lëtzebuerger hu Refraktären, Deserteuren oder Judden – also Persounen, déi vun den Nazie gesicht goufen – bei sech doheem verstoppt oder a Frankräich oder an d'Belsch gefouert. Goufe si dobäi erwëscht, huet hinne Prisong a KZ gedrot.

Wärend d'Resistenzler séier unerkannt goufen, hunn déi zwangsrekrutéiert Lëtzebuerger („enrolés de force") laang misse waarden, bis och si Unerkennung kruten. Wärend Joerzéngte gouf nämlech a verschiddene Kreesser argumentéiert: „Wann s du d'Wehrmachtuniform unhas, kanns du net als Resistenzler gëllen!". Dobäi haten "ons Jongen", wéi si genannt goufen, sech fir hir Famill geaffert. Si sinn un d'Front gaangen, fir hir Famill virun der Ëmsidlung ze retten, déi de Grousspapp oder -mamm a Schlesien net iwwerlieft hätten. Fir dëser Diskussioun en Enn ze setzen, gouf de Begrëff „Victimes du nazisme" agefouert – net nëmmen eng symbolesch "Versöhnung".

## „Hei waren ëmmer haart Käpp. Si hu sech näischt gefale gelooss"

A senger Broschür "Über Kollaborateure, Mitläufer, Patrioten und Resistenzler, Beitrag zur Geschichte der Gemeinde Schüttringen im Zweiten Weltkrieg" schreift de Marc, datt him an d'A gestach ass, datt d'Bierger vun der Gemeng Schëtter sech duerch eng prägnant Haltung géintiwwer dem Besatzungsregime ausgezeechent hunn, andeems si de "Preisen" esou vill wéi méiglech de Bass gehalen hunn. Fir hien zielt Schëtter zu deene Gemengen am Land, déi sech am Zweete Weltkrich mat am stäerkste géint d'Besatzer gewiert hunn an dat zum Schreck vum Ortsgruppenleiter Batty.





Déi sëllege Beispiller, déi de Marc Trossen a senger Broschür iwwert d'Grozonen an eiser Gemeng an an den Nopeschgemengen zesummegedroen huet, ënnersträichen net nëmmen d'Komplexitéit vu geschichtlechen Tatsaachen aus eiser Géigend, mee och d'Wichtegkeet, dës Berichter ze erhalen an ze vermëttelen. Genee dësem Zil huet hie sech och duerch säin Engagement an der Unioun vun den Nokomme vu Lëtzebuerger Resistenzler verschriwwen. D'Unioun ass fir de Schraasseger Geschichtsfrënd méi wéi just e Veräin. Si ass eng Plattform fir Engagement, Austausch an Erënnerung. Mat ronn 120 Memberen, dorënner ëmmer méi Jonker, ass d'Unioun op Foiren, Bicherdeeg, Expositiounen a kulturellen Evenementer present. Hiert Zil: d'Leit fir Geschicht ze begeeschteren an zesummenzebréngen. Fir de 76 Joer ale Pensionär ass dat eng wichteg gesellschaftlech Aufgab, besonnesch well d'Zäitzeien ëmmer méi rar ginn.

## „Geheit nëmmen näischt ewech!"



Fir de Marc Trossen stellt d'Lokalgeschicht eng wichteg Verbindung tëscht de Generatiounen duer. Ob als Auteur, Filmberoder oder Veräinsmember – seng Aarbecht dréit dozou bäi, de kulturelle Patrimoine ze sécheren. Hien dokumentéiert net nëmme gréisser Evenementer, mee och déi kleng Geschichten, déi d'Identitéit vun enger Gemeng oder enger Famill ausmaachen. Wat haut nach an enger Këscht läit, kéint muer eng wichteg Quell fir d'Geschicht vum Lëtzebuerger Land sinn. Dofir säin Appell un d'Leit dobaussen: „Wann dir doheem de Späicher raumt, geheit nëmmen näischt ewech!"

12.07 09.08 13.09

# SCHËTTER MAART





De Schëtter Maart huet am Summer nees eng Abberzuel Visiteuren op d'Kiercheplaz gelackelt, fir regional a frësch Produiten ze kafen a sech mat de Vendeuren an enger gemittlecher Atmosphär auszetauschen.








Den 12. Juli 2025 huet de Fairtrade-Grupp vun der Schëtter Gemeng, zesumme mam WeltButtek Esch, op eng Degustatioun vu Produiten aus dem fairen Handel invitéiert. Fir d'Visiteure vum Schëtter Maart goufen et vill gutt Saachen ze schmaachen, ënnert anerem Glace, Kaffi, Schockela an Nëss. Ausserdeem gouf Kleedung verkaf, déi ënnert faire Bedéngungen hiergestallt gouf.

Zousätzlech zu de Verkafsstänn gouf e Video gewisen, deen op eng flott Manéier dokumentéiert, wéi d'Fairtrade-Idee am Alldag vun der Gemeng Schëtter konkret ëmgesat gëtt, zum Beispill an der Kiche vun der Maison Relais, a lokale Restauranten, an der Schoul souwéi bei Eventer wéi dem "Faire Genoss um Kaffisdësch".

Video




Mir sinn eng Fairtrade Gemeng
FAIRTRADE

16.09 - 22.09

# EUROPÄESCH MOBILITÉITS-WOCH 2025




Zënter 2005 mécht Lëtzebuerg aktiv bei der Europäescher Mobilitéitswoch mat, déi all Joer vum 16. bis den 22. September stattfënnt. D'Editioun 2025 stoung ënnert dem Motto "Mobilitéit fir jiddereen", also eng Mobilitéit, déi sécher, bezuelbar a virun allem fir jiddereen zougänglech ass.

D'Gemeng Schëtter huet dëst Joer eng 16. Kéier un der Europäescher Mobilitéitswoch deelgeholl, op Social Media iwwert d'Thema nohalteg Mobilitéit informéiert an zwou Aktivitéiten organiséiert:

**16. September: Aweiung vun der Flex-Statioun op der Kiercheplaz zu Schëtter**

Fir de Carsharing ze promouvéieren, goufen an der Gemeng Schëtter op verschiddene Plaze Flex-Pop-up-Statiounen installéiert.






No enger Testphas vu sechs Méint gouf zesumme mat CFL Mobility eng Konventioun ënnerschriwwen, fir béid Parkplazen op der Kierscheplaz permanent fir de Carsharing-Service ze reservéieren.

Flex bitt Abo-Optioune fir privat a professionell Clienten an ass mat ronn 250 Gefierer verdeelt op méi ewéi 80 Statiounen den Haaptacteur am Beräich Carsharing zu Lëtzebuerg.

**22. September: Merci-Aktioun fir d'Notzer vum ëffentlechen Transport**

De leschten Dag vun der Mobilitéitswoch gouf et eppes fir de Gumm: Moies goufe Fairtrade-Mëtschen an -Uebst un d'Notzer vum ëffentlechen Transport verdeelt. Mat dëser Aktioun krute si Merci gesot, dass si den ëffentlechen Transport benotzen a sech an hirem Alldag bewosst fir eng nohalteg Mobilitéit entscheeden.

Alles an allem war d'Mobilitéitswoch 2025 nees eng flott Geleeënheet, fir sech iwwer Mobilitéit ze informéieren an nei Gewunnechten ze entdecken. Jidderee kann dozou bäidroen, d'Mobilitéit méi ëmweltfrëndlech ze gestalten. Och kleng Verännerunge kënnen op laang Dauer Grousses bewierken.




Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

23.09




# SPORTLERÉIERUNG VUN DER SAISON 2024-2025

D'Gemeng Schëtter huet och dëst Joer nees engagéiert Sportler fir hir aussergewéinlech Leeschtungen an der Saison 2024–2025 gewierdegt. D'Zeremonie, déi den 23. September 2025 am Centre Culturel um Campus an der Dällt stattfonnt huet, war eng ideal Geleeënheet, fir d'Erfolleger ze feieren an d'Roll vum Sport am Zesummeliewen ze ënnersträichen.

Ausgezeechent goufen Athleten aus verschiddene Sportaarten, déi entweder an der Gemeng wunnen oder an engem lokale Veräin aktiv sinn. Nieft individuelle Leeschtunge goufen och Ekippe fir hiren Engagement belount.

Mir soe jidderengem Merci, deen zu de super Resultater bäigedroen huet - ob um Terrain, hannert de Kulissen oder als treie Supporter.







Alissa BOCLINVILLE
GRS - GREATER REGION & BENELUX
1re place




Entente Syrdall
Munsbach-Moutfort
1ère Place


Commission
du Sport et des Loisirs
Schëtter
National Cricket Team
GILL Shiv Karan Singh, CAPTAIN
MADAN Jatin, PLAYER
European
Cricket
Championship
Malaga
3e


Florian BEWIG,
Philip KERPEN,

27.09

# FRËNDSCHAFTSFEST – 35 JOER PARTNERSCHAFT MAT SIEGELSBACH

Fir de 35. Anniversaire vun der Partnerschaft tëscht Schëtter a Siegelsbach ze feieren, hat d'Gemeng Schëtter de 27. September 2025 op e grousst Frëndschaftsfest invitéiert. Awunner aus eiser Gemeng souwéi eis Frënn aus Siegelsbach hu sech um Campus an der Dällt zesummefonnt, dee sech an eng dynamesch Festplaz verwandelt huet, mat ville flotten Aktivitéite fir Grouss a Kleng.

D'Festivitéiten hu mat enger offizieller Zeremonie ugefaangen, déi musikalesch vum Gesangverein "Eintracht 1906" Siegelsbach e.V., dem Schëtter Gesank an der Schëtter Musek begleet gouf. Uschléissend konnten d'Visiteuren am „Food Village" eng kulinaresch Weltrees erliewen: vun traditioneller Lëtzebuerger Kiche bis hin zu internationale Spezialitéiten a mat vill Léift vun eise lokale Veräiner zoubereet.

Och fir d'Kanner gouf sou munches offréiert: Patchwork huet Glitzertattooen ugebueden an um Campus stoung en imposant Sprangschlass, dat vun der Cargolux zur Verfügung gestallt gouf. Mat senge 15 op 23 Meter war et net nëmmen en opteschen Highlight, mee och eng riseg Spillplaz, wou déi jonk Gäscht sech stonnelaang austobe konnten. An der Sportshal 2 war wärend dem Concert vun der Coverband 24th Frame eng méi lass. Mat enger Mëschung aus bekannten däitsche wéi och englesche Lidder hu si den Owend ofgeronnt an dofir gesuergt, dass dat eent oder anert Danzbee geschwonge gouf.








D'Partnerschaft tëscht Schëtter a Siegelsbach geet op d'Joer 1990 zeréck. Reegelméisseg Visitten, perséinlech Echangen a gemeinsam Zilsetzungen hunn dozou bäigedroen, d'Bezéiung tëscht de Gemengen iwwert d'Joren ze verdéiwen. Als klenge Merci fir d'Vertrauen an déi gutt Zesummenaarbecht huet de Buergermeeschter vu Siegelsbach, den Tobias Haucap, ee Bild vun engem Diptychon geschenkt kritt, dat anert gëtt zu Schëtter opgehaangen. Béid Wierker stame vum Schraasseger Kënschtler Mario Vandivinit a sinn duerch den europäesche Fändel optesch matenee verbonnen – als Zeeche vun Zesummenhalt, grenziwwerschreidender Verbonnenheet an europäescher Solidaritéit.

D'Fréndschaftsfest war deemno net nëmmen eng ideal Geleeënheet fir ze feieren, mee och fir Merci ze soen un all déi, déi sech fir dës Partnerschaft engagéieren an dozou bäidroen, datt si lieweg bleift.

Video


MITTEILUNGSBLATT

Mitteilungen der Gemeinde

Siegelsbach

Bürgermeisteramt Siegelsbach

Verwaltung geschlossen

Bürgersprechstunde

Kinder- und Jugendsprechstunde

Jubiläumsbesuch in Schüttringen


Austausch
Freed
Verbindung
Fréndschaft
1990 - 2025
Schüttringen
Siegelsbach
35 Jahre
Fridden
zesummen
Europa
Vertrauen
Zukunft




cargolux


35 JAHRE







35 JAHRE
PARTNER-
SCHAFT
35 JAHRE
PARTNER-
SCHAFT









27.09

# JEAN-PIERRE KAUFFMANN:
## SCHËTTER ÉIEREBUERGERMEESCHTER NO 43 JOER AM DÉNGSCHT

No méi wéi véier Joerzéngten engagéiertem Asaz an der Gemengepolitik huet de Jean-Pierre Kauffmann sech am Juni 2025 aus dem aktive politesche Liewen zeréckgezunn. E Méindeg, den 29. September 2025, ass him a Presenz vum Inneminister Léon Gloden eng besonnesch Éier erwise ginn: mat 82 Joer krut de gebiertege Schëtter den Titel Éierebuergermeeschter.



Säi politesche Parcours ass beandrockend: Zënter 1981 am Gemengerot, war hien iwwer 10 Joer Buergermeeschter (1998–2005, 2014–2017) a 16 Joer Schäffen (1985–1998, 2011–2014).

Den Titel vum Éierebuergermeeschter wierdegt säi laangjäregen Engagement am Déngscht vun der Gemeinschaft. Seng feierlech Zeremonie huet am Centre Culturel um Campus an der Dällt zu Minsbech stattfonnt, wou de Schäffen- a Gemengerot, Kommissiouns- a Veräinsmemberen, Mataarbechter vun der Gemeng souwéi Membere vun der Demokratescher Partei him fir déi gutt Zesummenaarbecht Merci gesot hunn.

Video






nord stage 4

03.08

# GROUSST SUMMERFEST:
## 20 JOER A-SCHMATTEN










Org. Ferme Pédagogique A-Schmatten

17.08

# VËLOS- A GRILLFEST:
## 12. RANDONNÉE JENG MAJERES








Org. L'Hirondelle Schuttrange

23.08

# 50. EDITIOUN VUM QUETSCHEFEST








Org. Schëtter Musek

23.08 - 31.08

# SCHËTTER MUSEK KACHT QUETSCHEKRAUT









Org. Schëtter Musek

13.09 - 14.09

# LUCIEN KOMES CUP












Org. FC Munsbach

14.09

# SCAMPISFEST





Org. DP Schëtter

19.09 - 21.09

# EXPOSITIOUN JULIEN ALLEGRE








# 20.09 PÉTANQUE SEASON END









Org. La Pétanque

20.09

# PORTE OUVERTE BADMINTON





Org. Badminton Club Schuttrange

21.09

# LA ROSE EN FÊTE







GREEN. EVENTS

Org. Lëtzebuerger Rousefrënn ASBL




**Méi Fotoe fannt Dir hei.**

SmugMug



## Christmas Boys Cup
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
**20.12.-21.12.2025** **08:00**

## New Year's Girls Cup
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
**03.01.-04.01.2026** **08:00**

## Schëtter Maart
Place de l'Eglise · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
**10.01.2026** **09:00**

## UGDA-Auditioun
Hall des sports 2 · Campus "an der Dällt"
*org. Musekschoul Syrdall*
**11.01.2026** **14:30**

## Mullesonndeg
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
**18.01.2026** **11:00**

## Theaterstéck "Wäigeeschterstonn"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**24.01.2026** **20:00**

## Theaterstéck "Wäigeeschterstonn"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**25.01.2026** **16:00**

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
**28.01.2026** **17:00**

## Theaterstéck "Wäigeeschterstonn"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**30.01.2026** **20:00**

## Theaterstéck "Wäigeeschterstonn"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**31.01.2026** **20:00**

## Hierkesonndeg mat Thé Dansant
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Nössmaart ASBL*
**08.02.2026** **12:00**

## Schëtter Maart
Place de l'Eglise · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
**14.02.2026** **09:00**

## Buergbrennen
Stockcar piste · Schuttrange
*org. Club des Jeunes Schuttrange*
**21.02.2026** **18:00**

## Kannerfuesbal
Centre culturel · Campus “an der Dällt”
*org. Association des parents d'élèves de Schuttrange*
**28.02.2026** **14:00**

## International Juniors Cricket Tournament
Hall des sports 1 · Campus “an der Dällt”
*org. Star Cricket Club*
**21.02.-22.02.2026** **09:00**

## Kuppel Cup
Hall des sports 2 · Campus “an der Dällt”
*org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter*
**07.03.2026** **12:00**

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
**25.02.2026** **17:00**

## Dag vun de Choucrouten
Centre culturel · Campus “an der Dällt”
*org. Amiperas Schëtter*
**08.03.2026** **11:30**

**Weider Informatiounen an eisem Eventblock.**



# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 24.09.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher, Conny Ney
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Annemarie Nagel, Jules Sauber, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**ENTSCHËLLEGT:**

Andrew Kiser,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Andrew Kiser ▸ Serge Eicher

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 9. Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025, déi éischt Sëtzung no der grousser Summervakanz.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Andrew KISER, deen eng Procuratioun un den Här Serge EICHER ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, dass d'ëffentlech Ofstëmmung vun der haiteger Sitzung mam Conseiller Jules SAUBER ufänke wäert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter mat, wéi eng Evenementer zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Freides, den 11. Juli, huet d'Elterevertriedung, zesumme mam Personal vun den Enseignanten, d'Schoulfest um Campus organiséiert. Dee selwechten Dag huet och d'Sangria-Party vum Club des Jeunes an hirer Bud hannert dem Gemengenhaus stattfonnt;

- Samschdes, den 12. Juli, gouf de Schëtter Maart nees organiséiert, wou ënner anerem de Fairtrade-Grupp vun eiser Gemeng eng Degustatioun vu Fairtrade-Produiten ugebueden huet. Gläichzäiteg gouf et och Kanneranimatioun am Schëtter Treff;

- Iwwer de Weekend huet en Turnéier mat islännesche Päerd um Haff Bastenhaff zu Schraasseg stattfonnt.

D'Gemeng Schëtter huet de Patronage vun dësem Turnéier iwwerholl;

- Sonndes, den 20. Juli, huet de Cercle Avicole vu Schëtter seng Journée Portes Ouvertes mat engem Grillfest an hirer Zuuchtanlag organiséiert;

- De Weekend vum 25. bis de 27. Juli war „Minsbech On Fire!“. Iwwer de ganze Weekend goufen Animatiounen a Festivitéiten am Kader vum 125. Anniversaire vun der Amicale vun de Pompjeeën Minsbech-Schëtter ugebueden. Um Programm stoungen ënner anerem e Bal am Centre culturel, eng Ausstellung vun historeschen Autoen a Pompjeesmaterial, souwéi eng Interventiounsdemonstratioun vum CIS Nidderanwen-Schëtter;

- Sonndes, den 3. August, war och eng Animatioun um Bauerenhaff zu Al-Schëtter. Fir 20 Joer Jubiläum vun der Ferme „A-Schmatten“ gouf e grousst Summerfest gefeiert. Um Programm stinn e Concert-Apéritif vun der Schëtter Strëpp a vill Animatioune fir Grouss a Kleng;

- 80 Joer no den Atombommen op Hiroshima an Nagasaki, huet de 6. August zu Wolz eng Gedenkzeremonie fir d'Affer vun dësen tragesche Bombardementer stattfonnt. Wolz ass déi éischt Gemeng zu Lëtzebuerg, déi der „Mayors for Peace“-Associatioun bäigetrueden ass, an där Schëtter och Partnergemeng ass;

- Sonndes, de 17. August, huet déi 12. Editioun vun der Randonnée Jeng Majerus stattfonnt, organiséiert vum Vëlo Club Hirondelle;

- De Weekend vum 23. August gouf mat der 50. Editioun vum Quetschefest weidergefouert, organiséiert vun der Schëtter Musek. Am Kader dovu gouf den 23. August e Quetschebam an der Rue Jeanne Rouff zu Minsbech geplanzt, zesumme mam Gemengerot an de Membere vun der Associatioun. Iwwer d'ganz Woch gouf vill Quetschefest gekacht a verkaaft;

- Samschdes, den 13. September, gouf de Schëtter Maart op der Plaz bei der Kierch ofgehalen, a sonndes, de 14. September, huet d'DP-Sektioun vu Schëtter hiert Scampisfest am Centre culturel organiséiert;

- Iwwer déi zwou Deeg huet den FC Minsbech de Komes Cup um Fussballterrain organiséiert;

- Méindes, de 15. September, war de Schoulufank um Schoulcampus, an och d'Museksschoul huet hir offiziell Rentrée fir dat neit Schouljoer gefeiert. De Buergermeeschter seet all den Enseignanten an den Educateure Merci fir déi gutt Organisatioun;

- Dënschdes, de 16. September, gouf d'Flex-Statioun op der Kiercheplaz offiziell inauguréiert. De Buergermeeschter deelt mat, dass op dëse Punkt spéider an der Sëtzung nach eng Kéier zeréckgegraff wäert ginn;

- Samschdes, den 20. September, huet de Pétanque Club en Turnéier um Boulodrome zu Minsbech organiséiert fir d'Saison ofzeschléissen, a gläichzäiteg huet de Badminton Club eng Journée Portes Ouvertes an der Sportshal organiséiert;

- Sonndes, den 21. September, huet „La Rose en Fête" an der Roseraie vum Minsber Schlass stattfonnt. Nieft de ville Stänn goufen och klassesch kulinaresch Spezialitéiten ugebueden;

- Net méi spéit wéi gëschter huet d'Sportleréierung am Centre culturel stattfonnt, wou iwwer 80 Sportlerinnen a Sportler souwéi Ekippe fir hir gutt Leeschtungen ausgezeechent goufen. De Buergermeeschter seet der Sportskommissioun Merci fir d'Organisatioun vun dësem Event.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi nächst geplangten Evenementer:

- Samschdes, de 27. September, fënnt dat grousst Fréndschaftsfest statt, fir déi 35 Joer Partnerschaft tëscht de Gemenge Schëtter a Siegelsbach ze feieren. Den Ufank vun de Festivitéiten ass um 17 Auer an der aler Sportshal um Campus zu Minsbech virgesinn. D'Evenement gëtt musikalesch begleet vun der Harmonie Schëtter, der Chorale Schëtter an dem Chouer Eintracht 1906 vu Siegelsbach. No der offizieller Partie steet e Concert vun der Coverband „24th Frame" um Programm;

- Sonndes, den 28. September, invitéiert d'Paroisse „Iewescht Syr Saint-Esprit" Kleng a Grouss op hire Rallye. No der Mass an der Kierch zu Hueschtert ass e gemeinsaamt Mëttegiesse virgesinn, duerno geet et um 13 Auer lass mam 5km laange Rallye duerch d'Duerf;

- Méindes, den 29. September, gëtt de Jean-Pierre Kauffmann an der Presenz vum Inneminister, Léon Gloden, fir säi politeschen Engagement a säi politesche Récktrëtt geéiert. De Rendez-vous ass um 16 Auer am Centre culturel zu Minsbech;

- Samschdes, de 4. Oktober, fënnt eng Babysitting-Formatioun an der Galerie vum Campus statt. D'Formatioun ass op Lëtzebuergesch a kascht 25€. All Persoun iwwer 15 Joer ka sech umellen;

- Sonndes, de 5. Oktober, gëtt moies e Second-Hand-Maart fir Kannerartikelen am Centre culturel organiséiert. Umeldunge si bis den 1. Oktober beim Organisateur "Déi Gréng" méiglech, fir gratis en Dësch ze reservéieren;

- Samschdes, den 11. Oktober, fënnt de Schëtter Maart op der Kiercheplaz statt, dëst ab 9 Auer. Owes um 19:30 Auer organiséiert den FC Minsbech déi 3. Editioun vun hirem Quiz-Owend am Centre culturel;

- Sonndes, den 12. Oktober, organiséiert de Badminton Club Schëtter den „National Junior Tournament" an der Sportshal;

- Dënschdes, de 14. Oktober, organiséiert d'Gemeng, zesumme mat der ASTI, e Biergeratelier am Centre culturel. D'Gemeng Schëtter huet 94 verschidden Nationalitéiten, wat eng aussergewéinlech Diversitéit duerstellt. Dës Diversitéit ass eng Chance, mee och eng Erausfuerderung. D'Gemeng rifft all Bierger dozou op, d'Integratioun ze stäerken an d'Zesummeliewen ze verbesseren.

  Bei dësem Owend ginn ënner anerem follgend Themen ugeschwat:
  - Wéi kann d'Integratioun duerch d'Lëtzebuergesch Sprooch gefërdert ginn?
  - Wat ass den Impakt vum Benevolat?
  - Wéi kann een d'Bierger besser informéieren?
  - Wéi kënnen d'lokal Associatiounen zur Integratioun bäidroen?

- Freides, de 17. Oktober gëtt am Centre Culturel um 19:30 Auer e Lëtzebuerger Film iwwert den Zweete Weltkrich gewisen. „Operatioun Pauly" erzielt déi dramatesch Flucht vu 4 Prisonéier, dorënner 2 Lëtzebuerger, aus engem Niewelager vum KZ Buchenwald.

  Baséierend op villen Dokumenter, Temoignagen, Fotoen an Archivmaterial vum KZ Buchenwald an dem Niewelager zu Arolsen, weist de Film authentesch, wat geschitt ass, a wéi déi véier Prisonéier et fäerdeg bruecht hunn, den Nazie bei enger reegelrechter Suizid-Missioun ze entkommen;

- Den Dag drop, samschdes, den 18. Oktober, fënnt den nationale Gedenkdag fir d'Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besatzung 1940–1945 statt. De Programm gesäit wéi follegt aus:

  - Um 17 Auer gëtt d'Broschür "Grauzonen" vum Marc Trossen presentéiert, mat engem Iwwerbléck iwwer d'Resistenz am Zweete Weltkrich an Neiheeten iwwert d'RAD-Lager zu Schraasseg. Ausserdeem fënnt eng kleng Ausstellung mat Géigestänn aus dem Zweete Weltkrich statt. Villes dovu gouf onwäit vum fréieren RAD-Lager zu Schraasseg fonnt.

  - Um 18:30 Auer fënnt eng Gedenkmass zu Éiere vun deene statt, déi hiert Liewe fir eis Fräiheet geaffert hunn;

  - Géint 18:45 Auer gëtt et eng offiziell Ried, gefollegt vum Nidderleeë vu Blummen duerch de Schäfferot beim "Monument aux morts".

- Sonndes, den 19. Oktober, organiséiert d'Kulturkommissioun eng kulturell Visitt vun der Cité des Sciences an dem Héichuewen zu Esch-Belval. Dës Visitt ass gratis fir all Bierger;

- Donneschdes, den 23. Oktober, fënnt um 18:30 Auer eng Konferenz vum Robert Leven am Centre culturel zu Sandweiler statt mam Thema: „Klimaverännerung

& Fake News – Gëff de Verschwörungs-theorie keng Chance a léier dech géint Desinformatioun ze schützen";

- Samschdes, de 25. Oktober, organiséiert d'Elterevertriedung vu Schëtter eng Halloween-Party am Centre culturel. Vu 14 bis 18 Auer gi vill Animatiounen an eng Kannerdisco ugebueden;

- Sonndes, de 26. Oktober, organiséiert de Luxembourg Allergy Network en Halloween-Bal fir Kanner mat Allergien;

- Dënschdes, den 28. Oktober 2025, fënnt owes am Centre culturel e Forum iwwer Schutz a Preventioun statt. D'Police an d'ASBL GoldenMe gi wichteg Rotschléi, wéi ee sech selwer a seng Famill besser ka schützen. D'Themen, déi ugeschwat ginn, sinn:

    - Wéi kann een sech géint Abréch schützen?

    - Wat soll ee maachen am Fall vun engem Abroch doheem?

    - Wéi kann een sech géint On-line-Bedruch schützen?

    - Wien soll ee kontaktéieren am Fall vun enger Bedruchsaktioun?

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer déi follgend Sujeten:

- Am Kader vun der Circulaire vum 16. Januar 2025 iwwer de 4. Plan de de gestion de l'eau, gouf d'Gemeng Schëtter invitéiert, hir Bemierkungen an een Avis ofzeginn. Mat Ënnerstëtzung vum Syndikat SIDEST huet sech d'Gemeng och deem Avis an de Revendicatioune ralliéiert;

- D'Gemeng huet vill Reklamatioune kritt wéinst der Gefor vum Eroffale vun Äscht, wat d'Sécherheet um Bëschwee Richtung Wäissebierg betrëfft. D'Gemeng huet sech mam Fierschter a Verbindung gesat, fir schnell eng Léisung ze fannen. Well et sech ëm private Bësch handelt, gouf decidéiert, d'Besëtzer ze kontaktéieren, fir eng gemeinsam Coupe duerch eng spezialiséiert Firma ze organiséieren. An der Zwëschenzäit goufe Warnschëlder mat Hiweiser op d'Gefor vun eroffalenden Äscht laanscht de Wee installéiert;

- Ab der Woch vum 29. September fänken déi éischt Coursë vun der Gemeng un. De Buergermeeschter deelt mat, dass nach e puer Plaze verfügbar sinn, souwuel fir Lëtzebuergesch-Coursë wéi och fir bestëmmte Sportscoursen. All Informatioune fënnt een op der Websäit vun der Gemeng ënnert der Rubrik „Enseignement";

- Am Schoulcomité huet Madame Anne Ruppert (Cycle 1) mat Effet op de 15. September hir Demissioun als Member agereecht. No der Plenière vum Enseignantspersonal den 12. September, gouf mat Majoritéit decidéiert, d'Zuel vun de Membere vum Schoulcomité ab dem 15. September op 5 ze fixéieren. De Comité setzt sech

aktuell aus follgende Persounen zesummen:

- Madame Laura CORTOLEZZIS (Cycle 1)
- Madame Sophie SUNNEN (Cycle 2)
- Madame Nathalie HELLERS (Cycle 3)
- Madame Carole WAUTERS (Cycle 4)
- Madame Joëlle MAX (Presidentin)

- Den nächste Gemengebuet ass am Drock an ass geschwë verfügbar. De Buergermeeschter deelt mat, dass de Buet en neien, modernen a strukturéierte Layout wäert hunn, fir et de Lieser méiglech ze maachen, d'Informatioune méi séier ze fannen;

- Wat d'rezent Iwwerschwemmungen ugeet, informéiert de Buergermeeschter, dass et elo méiglech ass, de Stand vun der Sir live um Internetsite vun der Gemeng ze verfollegen. Dëst ass eng wäertvoll Hëllef fir betraffen Awunner souwéi fir d'Gemengeservicer, fir séier op Alerten an Entwarnunge reagéieren ze kënnen.

Duerno rapportéiert d'Schäffin Conny NEY nach iwwer follgende Punkt:

- D'Adaptatioun vun de Präisser fir de „Repas sur roues"-Service vu SERVIOR ab dem 1. Januar 2026. De Präis vum Plat klëmmt vun 12,94€ op 13,96€ an d'Liwwerung vu 5,82€ op 6,42€. Dës Erhéijung ass engersäits op d'Liewensmëttelpräisser, an anersäits op d'Personalkäschten zeréckzeféieren. D'Schäffin deelt mat, dass d'Clienten an der Gemeng mat der nächster Rechnung iwwer d'Präisännerung informéiert ginn.

## 1. POLITESCH AFFÄREN

### 1.1. Attributioun vum Titel „Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Schëtter" un den Här Jean-Pierre Kauffmann

Den Här Jean-Pierre Kauffmann huet d'politescht Liewen an der Gemeng Schëtter méi wéi 43 Joer gepräägt, vum 1. Januar 1982 bis de 26. Juni 2025:

- Gemengeconseiller fir 16 Joer an 8 Méint
- Schäffe fir 16 Joer an 6 Méint
- Buergermeeschter fir 10 Joer a 4 Méint

Entspriechend de Kritären, déi vum Gemengerot festgeluecht goufen, kann den Éierentitel vum Buergermeeschter un déi Persoune vergi ginn, déi dës Funktioun op d'mannst zéng Joer ausgeüübt hunn oder se fir sechs Joer ausgeüübt hunn an zousätzlech wichteg Mandater an der Gemeng haten.

De Gemengerot decidéiert also, op Virschlag vum Schäfferot, eestëmmeg dem Här Jean-Pierre Kauffmann den Titel „Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Schëtter" ze attribuéieren, als Unerkennung fir säin Engagement a seng Verdéngschter fir d'Politik an d'Veräinsliewen an der Gemeng.

# 2. URBANISMUS A GEMENGEPLANUNG

## 2.1. Plan d'aménagement particulier nouveau quartier „In der Acht Nord“ zu Schëtter

### 2.1.1. Approbatioun vum Compromis de cession à titre gratuit vu Grondstécker zu Schëtter, Lieu-dit „Ënnert der Haart“

Am Zesummenhang mam Punkt 2.1.2. iwwert d'Adoptioun vum PAP „In der Acht Nord“ an am Kader vun enger Reorganisatioun vum Parken an der Zirkulatioun an der betraffener Strooss gouf et eng Ofmaachung, dass de Promoteur der Gemeng eng zousätzlech Parkplaz gratis ofträtt.

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg de Compromis de cession à titre gratuit, ënnerschriwwen den 10. September 2025 tëscht dem Schäfferot an der Société Anonyme Felino, duerch déi dës Parzell un d'Gemeng Schëtter ofgetruede gëtt:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vu Schëtter |
| **Kadaster-nummer** | 46/4703 |
| **Lieu-dit** | Ënnert der Haart |
| **Natur** | Parkplaz |
| **Fläch** | 0,16 Ar |

D'Acquisitioun vum Terrain geschitt am Interessi vum ëffentleche Wuel fir d'Integratioun vun der Parzell an den ëffentleche Raum.

### 2.1.2. Adoptioun vum Plan d'aménagement particulier „In der Acht Nord“ zu Schëtter

De Projet betrëfft verschidde Grondstécker am Beräich „In der Acht Nord“, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng (Sektioun A, Nummere 46/4886, 46/3886, 46/4888, 46/4711, 46/4712, 46/4713, 48/3835 deelweis an 56/4891). Mat enger Gesamtfläch vun 22,92 Ar leien dës Terrainen an der „Zone HAB-1“ an ënnerleien engem „Plan d'aménagement particulier nouveau quartier“ am Kader vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Schëtter.

De Projet gesäit d'Entwécklung vu Parzelle fir de Bau vu 4 Reienhaiser vir, déi sech harmonesch an d'Bestandsstruktur integréieren.

Am Kader vum Projet huet d'Gemeng den Austausch vun Terraine mam Promoteur duerchgefouert, fir d'Organisatioun vum neie Quartier an d'Gestaltung vun der Strooss ze vereinfachen. D'Terraine si komplett erschloss, sou dass keng zousätzlech Erschléissungsaarbechten oder urbanistesch Moossnamen néideg sinn.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Plan d'aménagement particulier nouveau quartier “In der Acht Nord” unzehuelen an op all Oftriede vu Grondstécker fir Stroossen an ëffentlech Equipementer souwéi op all Kompensatiounsindemnitéit ze verzichten, dëst a Konformitéit mat dem Gesetz iwwert d'Gemengeplanung.

D'Detailer sinn um Internetsite vun der Gemeng Schëtter disponibel.

**2.2. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vun der Partie écrite vum Plan d'aménagement particulier „Hinter Thommes" zu Schëtter**

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Projet de modification ponctuelle vum approuvéierte Plan d'améngament particulier „Hinter Thommes" unzehuelen, deen d'Modifikatioun vun der Partie écrite vum PAP betrëfft.

Dës Upassung ass virun allem doduerch motivéiert, dass verschidden Dispositiounen – besonnesch den Artikel 10 iwwert Solarpanneauen – als ze restriktiv ugesi goufen am Verglach mat den aktuellen Praktiken an de rezenten Orientéierunge vum Ministère.

**2.3. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter iwwer d'Klasséierung vun enger Parzell zu Minsbech, Lieu-dit „Auf dem Langenfeld" an eng Zone BEP**

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général iwwer d'Kadasterparzell 1195/4357, lieu-dit „Auf dem Langenfeld", zu Minsbech, unzehuelen.
Duerch dës Ännerung gëtt virgesinn, d'Parzell vun der aktueller Zone HAB-1 an eng Zone "Bâtiments et équipements publics" (BEP) ëmzeklasséieren. Dës Upassung erlaabt eng Erweiderung vun der BEP-Zone niewendrun, déi ënner anerem déi zukünfteg Extensioun vum Schoulcampus ëmfaasst.

**2.4. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier quartier existant am Lieu-dit „Auf dem Langenfeld" zu Minsbech**

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier quartier existant "Laangefeld" unzehuelen, deen d'Partie graphique vum Plang betrëfft.

Duerch dës Ännerung gëtt virgesinn, d'Parzell mat der Nummer 1195/4357, Lieu-dit „Auf dem Langenfeld", an eng Zone de bâtiments et d'équipements publics (BEP) ëmzeklasséieren. Dës Upassung bezweckt d'Kohärenz vum Plan d'aménagement particulier mam Plan d'aménagement général vun der Gemeng. D'Klasséierung vun der Parzell soll an deem Sënn mat der Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général alignéiert ginn.

---

## 3. PROJETE VUN AKTIOUNSPLÄNG GÉINT DE KAMÉIDI

**3.1. Avis iwwert d'Projete vun Aktiounspläng géint de Kaméidi fir grouss Stroossenachsen, Eisebunnstrecken an de Fluchhafe Lëtzebuerg**

D'Gemeng Schëtter ass direkt betraff vun dräi vun de fënnef Aktiounspläng géint Kaméidi, nämlech:

- De Plang géint Kaméidi vum Stroossentrafick;
- De Plang géint

Kaméidi vum Eisebunnstrafick;

- De Plang géint Kaméidi vum Loftverkéier.

D'Feststellungen an d'Bäiträg vum Gemengerot ginn zesummegefaasst wéi follegt:

**Stroossentrafick**

D'Gemeng weist op verschidde Problemer am Zesummenhang mam Stroossentrafick hin. Si fuerdert d'Installatioun vun Antikaméidi-Panneaue laanscht d'A1, besonnesch zu Minsbech an op der Bréck iwwer dem Syrdall. Si wëll och d'Mobilité douce an den ëffentlechen Transport förderen, duerch nei Vëlosweeër an Uschlëss un den Pôle d'échange „Héienhaff".

Zousätzlech proposéiert d'Gemeng, d'Vitessbegrenzung op der Autobunnsbréck och no Ofschloss vun den Aarbechte bäizebehalen. Si ënnersträicht d'Wichtegkeet vun intensivéierte Vitesskontrollen, Kontroll vun der Konformitéit vun de Gefierer an d'Weiderentwécklung vun der Zon mat reduzéierter Vitess (Zon 30).

**Eisebunnstrafick**

Wat den Eisebunnstrafick ugeet, insistéiert d'Gemeng drop, dass d'Uertschaften an der Gemeng Schëtter trotz hirer Ausklasséierung aus der Prioritéitskartéierung eng speziell Opmierksamkeet kréien.
Si schléit d'Installatioun vun Antikaméidi-Panneaue laanscht d'Schinnen an der Géigend vun de Wunnzone vir. Ausserdeem recommandéiert si den Austausch vun ale Gidderzich duerch manner Kaméidi-verursaachend Equipementer an d'Begrenzung vum Nuetstrafick vun dësen Zich.

**Loftverkéier**

Am Beräich vum Loftverkéier stellt d'Gemeng eng Augmentatioun vun de Kaméidibelästegungen duerch de Flughafe Lëtzebuerg fest, besonnesch duerch Nuetsflich an d'Waardeschleefen iwwer dem Gemengegebitt. Si encouragéiert méi strikt Moossnamen, wéi d'Reglementéierung vun Nuetsflich, d'Respektéiere vun de Fluchkorridoren, d'Iwwerwaachung vun de Fluchtrajektoiren an d'Promotioun vun elektresch-ugedriwwene Fligeren.

D'Gemeng fuerdert och d'Aféierung vun enger Trajectoire, déi d'Uertschaft Iwwersiren systematesch ëmflitt, mat engem strikte Monitoring vun de Recommandatiounen aus der Charta vun der sportlecher Aviatioun.

Zum Schluss wëll d'Gemeng eng Iwwerpréiwung vun de Reegelen iwwer d'visuell Flich, dëst fir d'Erriichtung vu Wandrieder op Gemengenterritoire ze erméiglechen.

**Conclusioun**

De Gemengerot gratuléiert der Regierung fir d'Organisatioun vun der ëffentlecher Prozedur, d'Berücksichtegung vun eenzelne Bemierkungen an d'Ëmsetzung vu Moossnamen zur Reduktioun vum Kaméidi bei der Quell.

Hien insistéiert op eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem Staat an der Gemeng, fir d'Effikassitéit vun de Moossnamen an der Liewensqualitéit vun den Awunner ze garantéieren, a fuerdert aktuell Miessungen an Etüden, fir d'Wierksamkeet vun den Aktiounspläng ze evaluéieren.

Den detailléierten Avis ass um Internetsite vun der Gemeng Schëtter disponibel.

## 4. GEMENGEFINANZEN

### 4.1. Approbatioun vum Tableau vun de Budgetsmodifikatioune fir den Exercice 2025

D'Budgetmodifikatiounen, déi vum Schäfferot proposéiert goufen, belafe sech op 115.000,00€ am Beräich vun den ordinären Depensen.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Tableau vun de Budgetsmodifikatioune fir den Exercice 2025 unzehuelen.

## 5. NOTARIELL AKTEN, COMPROMIS AN DROIT DE PRÉEMPTION

### 5.1. Approbatioun vun engem Acte de vente iwwer Grondstécker um Neihaeischen, am Lieu-dit „Auf dem Bartelsberg"

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte de vente, ënnerschriwwen de 4. Juli 2025 virum Notaire Maître Patrick Serres, mat Residenz zu Réimech, duerch deen d'Gemeng Schëtter de follgenden Terrain fir de Präis vun 105.480,00€ kaaft huet:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vun Minsbech |
| **Kadasternummer** | 1513/3390 |
| **Lieu-dit** | Auf dem Bartelsberg |
| **Natur** | Terre labourable |
| **Fläch** | 35,16 Ar |

D'Acquisitioun vum Terrain geschitt am Interessi vum ëffentleche Wuel, fir d'Realisatioun vun enger ëffentlecher Infrastruktur, nämlech engem Drénkwaasserreservoir.

### 5.2. Approbatioun vun engem Acte de cession gratuite iwwer Grondstécker um Neihaeischen, Rue de Senningen

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte de cession à titre gratuit vun der Emprise vum Trottoir, ënnerschriwwen den 11. September 2025 virum Notaire Maître Josiane Pauly, mat Residenz zu Nidderaanwen, fir déi follgend Parzell:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vun Minsbech |
| **Kadasternummer** | 1479/4441 |
| **Lieu-dit** | Rue de Senningen |
| **Natur** | Place voirie |
| **Fläch** | 1,09 Ar |

### 5.3. Approbatioun vun engem Acte de prescription trentenaire iwwer e Wee zu Iwwersiren, Lieu-dit „Auf dem Rohtert"

Well d'betreffend Grondstéck als Zougangswee déngt an zu der Voirie communale gehéiert, huet d'Gemeng Schëtter dëse Wee zanter méi wéi 30 Joer ënnerhalen.

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte vum 17. September 2025, ënnerschriwwe virum Notaire Maître Patrick Serres, mat Residenz zu Réimech:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | D vun Iwwersiren |
| **Kadasternummer** | 486/3659 |
| **Lieu-dit** | Auf dem Rohtert |
| **Natur** | Chemin d'exploitation |
| **Fläch** | 4,60 Ar |

## 6. GEMENGEN-INFRASTRUKTUREN

### 6.1. Approbatioun vun de Pläng an dem Devis fir den Amenagement vun engem Foussgängerwee zu Iwwersiren, Lieu-dit „Am Pratel“

Fir d'Lotissementer „An den Azéngen“ an „Am Pratel“ zu Iwwersiren mateneen ze verbannen, huet de Schäfferot den Ingenieursbüro INCA domat beoptraagt, en Devis estimatif an d'Pläng fir den Amenagement vun engem Foussgängerwee auszeschaffen.

No der Presentatioun vum Schäfferot approuvéiert de Gemengerot eestëmmeg de Projet vum Ingenieursbüro INCA, mat engem Gesamtbetrag (TVA inklusiv) vun 191.000,00€.

### 6.2. Installatioun vun de FLEX-Statiounen a Prestatioune vum Car-Sharing vun CFL Mobility

Am Kader vun dësem Punkt muss de Gemengerot zwee Kontrakter a puncto Kooperatioun mat CFL Mobility unhuelen:

#### 6.2.1. Kontrakt fir d'Bereetstellung vu FLEX-Autoen a FLEX-Statiounen, zougänglech fir all Client vun CFL Mobility um Territoire vun der Gemeng Schëtter

D'Gemeng stellt zwou Plazen zu Schëtter zur Verfügung, dëst um Parking bei der Kierch. D'CFL Mobility stellt zwee Locatiounsautoen zur Verfügung, equipéiert mat Navigatiounssystem a Bluetooth.

De FLEX-Déngscht ass 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 verfügbar. D'Gemeng engagéiert sech, 1.558,70€ pro Mount (ouni TVA) un CFL Mobility ze bezuelen.

#### 6.2.2. Kontrakt fir d'Prestatioun vum Carsharing FLEX

Fir d'Mobilitéit vum Gemengepersonal ze optimiséieren an eng méi nohalteg Gestioun vun den Deplacementer ze färderen, plangt d'Gemeng eng Partnerschaft mam FLEX-Carsharing-Déngscht.

D'Zil ass zweefach: d'Käschte fir d'Acquisitioun an den Entretien vum Gemengefuerpark ze reduzéieren an d'nohalteg Mobilitéit ze färderen, andeems och d'Bierger encouragéiert ginn, Carsharing-Léisungen ze notzen.

De Gemengerot huet eestëmmeg déi zwee genannte Kontrakter ugeholl.

## 7. BERODEND KOMMUNAL KOMMISSIOUNEN A KOMMITEEËN

### 7.1. Ersetze vu Memberen an de berodende kommunale Kommissiounen

No verschiddenen Demissiounen an de gemengeberodende Kommissiounen huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert, déi follgend Persounen ze nennen:

| KOMMISSIOUN | DÉMISSIONNÄR | ERSETZT DUERCH |
|---|---|---|
| Schoul-kommissioun | Mme Véronique Raach | M. Andrew Kiser *wunnt zu Schëtter* |
| Kommissioun fir Sport a Fräizäit | Mme Conny Ney | M. Pascal Breisch *wunnt zu Schëtter* |
| Kommissioun fir Ëmwelt a nohalteg Entwécklung | M. Sam Elsey | M. Tom Elsey *wunnt zu Schraasseg* |

Zousätzlech huet de Gemengerot decidéiert, den Här Serge EICHER als President vun der Schoulkommissioun ze nennen, als Ersatz fir den Här Andrew KISER.

### 7.2. Remplacement vum Delegéierte beim „Schëtter Jugendhaus“

No der Demissioun vum Här Andrew Kiser als Schäffen an der Nominatioun vun der Madame Conny Ney als Ersatz, huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert, der Madame Conny Ney d’Roll vun der Delegéierter beim „Schëtter Jugendhaus“ ze iwwerdroen.

### 7.3. Approbatioun vun Ersetze vu Membere vum Comité de pilotage am Kader vum kommunale Pakt fir d’interkulturellt Zesummeliewen

D’Gemeng Schëtter, als Signataire vum kommunale Pakt fir d’interkulturellt Zesummeliewen, engagéiert sech fir d’Participatioun, den Zougang zu Informatioun an de Kampf géint Rassismus an Diskriminatioun.

Am Kader dovu gouf e Comité de pilotage gegrënnt, zesummegesat aus Membere vum Gemengerot, lokale Veräiner, der gemengeberodender Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen an engem Koordinator. Wéinst verschiddene fräie Plazen decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, déi follgend Persounen* ze nennen:

| | |
|---|---|
| Ee Member vum Gemengerot | M. Claude Marson<br>*Buergermeeschter* |
| Zwee Memberen aus lokale Veräiner | Mme Antoinette Back-Schweich<br>*Presidentin vun der Amiperas Schëtter*<br><br>M. Paul Schummer<br>*President vun der Schëtter Musek & Schëtter Jongbléiser* |
| Zwee engagéiert Memberen aus der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen | Madamm Cynthia Kombe*<br><br>Madamm Anna Yevtushenko* |
| Ee Koordinateur | Madamm Viviana Hicks*<br>*Coordinatrice vum kommunale Pakt fir d’interkulturellt Zesummeliewen* |

# 8. KONVENTIOUNEN

### 8.1. Approbatioun vun enger Konventioun fir Schwammunterrecht

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg eng Konventioun fir d'Prestatioun vu Schwammunterrecht an anere sportlechen Aktivitéiten am Waasser mat de Klasse vun der Grondschoul vun der Gemeng Schëtter „an der Dällt".

D'Konventioun gouf den 13. August 2025 tëscht dem Schäfferot an der Madame Annick Zimmer ënnerschriwwen.

# 9. GEMENGE-REGLEMENTER

### 9.1. Approbatioun vun enger Ännerung vum Gemenge-Verkéiersreglement vun der Gemeng Schëtter

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Basis-Verkéiersreglement, geännert den 30. September 2009, wéi follegt unzepassen:

- Place de l'Église, Schëtter (Upassung am Zesummenhang mam Punkt 6.2.)

**Artikel:**
4/2/1

**Bezeechnung:**
Parkverbuet

**Situatioun:**
op zwou direkt uneneeleiende Parkplazen, entspriechend markéiert [Parking virum Gebai Nr. 10], ausser fir d'Gefierer vum Carsharing-Service FLEX vun der CFL.

Signalisatioun C, 18 ass mat engem erklärenden Zousatzschëld completéiert.

**Signal:**




- Ënnert der Haart, Schëtter (Upassung am Zesummenhang mam Punkt 2.1.)

**Artikel:**
4/5/2

**Bezeechnung:**
Parke mat Parkdisk

**Situatioun:**
op den ëffentleche Parkplazen, all Wochendag (Mo-Fr) vun 08:00 18:00 (ausser 3 Stonnen)

**Signal:**





- Rue de la Montagne, Iwwersiren

**Artikel:**
4/2/3

**Bezeechnung:**
Parkverbuet, ausser op de markéierte Parkplazen

**Situatioun:**
iwwer déi ganz Längt, op béide Säiten

**Signal:**





### 9.2. Confirmatioun vun enger Modification urgente vum Gemenge-Verkéiersreglement

De Gemengerot confirméiert eestëmmeg eng Modification urgente am Verkéiersreglement:

**Verkéiersdispositioun:**
A, 16a – Luuchtesignal
Enge Stroossesäit ass komplett gespaart; den Trafick gëtt iwwer Luuchte gereegelt.

**Betraffenen Tronçon:**
CR 132, rue Principale
zu Schëtter
- Gebai no° 37
- Gebai no° 69

**Signal:**



**Verkéiersdispositioun:**
C, 14 – Vitesslimitatioun
Maximal Vitess limitéiert op 30 km/h

**Betraffenen Tronçon:**
CR 132, rue Principale
zu Schëtter
- Gebai no° 37
- Gebai no° 69

**Signal:**




### 9.3. Approbatioun vun enger temporärer Ännerung vum Gemenge-Verkéiersreglement

De Schäfferot proposéiert, d'Dispositioune fir FLEX-Autoen an der Rue Gabriel Lippmann zu Minsbech fir eng Dauer vu sechs Méint ze verlängeren, dëst ab dem 15. Oktober 2025. Gläichzäiteg gëtt eng nei FLEX-Statioun am Lieu-dit „Ënnert der Haart" zu Schëtter ageriicht.

Dës Verlängerung an Erweiderung déngen der Evaluatioun vun der Notzung vum Déngscht duerch d'Awunner.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, eng temporär Upassung vum Verkéiersreglement no de follgende Modalitéiten unzehuelen:

**Verkéiersdispositioun:**
C, 18 - Parkverbuet

**Bezeechnung:**
- op zwou direkt uneneeleiende Parkplazen, entspriechend markéiert:
- Parkverbuet, ausser fir d'Gefierer vum Carsharing-Service FLEX vun der CFL*

**Tronçon**
Rue Gabriel Lippmann, Minsbech
Nieft dem Gebai op der N° 12
Ënnert der Haart, Schëtter
Parking public

**Signal:**



## 10. KONZESSIOUNEN UM GEMENGEKIERFECHT

### 10.1. Approbatioun vun engem Contrat de cession um Gemengekierfecht

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de follgende Konzessiounsvertrag unzehuelen:

| | |
|---|---|
| **Kontrakt-nummer** | N° - 347 - nouv. |
| **Numm vum Konzes-sionär** | Här François Portzen |
| **Date expiration** | 14/08/2055 |

## 11. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGE-CONSEILLEREN

Keng.

## 12. FROE VUM PUBLIC

Keng.

*Dauer: 15. Oktober 2025 - 1. Abrëll 2026

# GEMENGEBUET 05/2025

Mention de la publication de règlements
Article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Approbation de la décision du conseil communal du 24 septembre 2025 (réf. 9.1) relative à la modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant l'ajout du stationnement interdit sur la place de l'Église sur deux emplacements adjacents, dûment marqués [Parking devant l'immeuble no°10] pour les véhicules du service Car Sharing Flex des CFL, l'ajout du stationnement avec disque sur les emplacements publics, les jours ouvrables (lu-ve) de 8h00 à 18h00 (excepté 3 heures) aux lieux-dits « Ënnert der Haart », la suppression du stationnement avec disque sur sept emplacements publics, les jours ouvrables (lu-ve) de 8h00 à 18h00 (excepté 3 heures) aux lieux-dits « Ënnert der Haart » et l'ajout du stationnement interdit, excepté sur les emplacements marqués, sur toute la longueur des 2 côtés de la rue de la Montagne à Uebersyren.

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 24 septembre 2025 portant sur une modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant les ajouts et les suppressions des emplacements précités a été approuvée par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 3 octobre 2025 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 9 octobre 2025, sous la référence n° 322/25/CR.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

Approbation de la décision du conseil communal du 24 septembre 2025 (réf. 9.2 et 9.3) relative à la modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant la modification temporaire du règlement de circulation communal concernant le chemin repris CR132 rue Principale à Schuttrange, arrêté le 20 août 2025 par le collège des bourgmestre et échevins et portant sur une régulation du trafic à l'aide de feux tricolores et une limitation de vitesse à 30 km/h entre les immeubles n°37 et n° 69 et la modification temporaire du règlement de circulation communal pour prolonger jusqu'au 1er avril 2026 le stationnement interdit sur deux emplacements adjacents, excepté pour les véhicules du service Car Sharing Flex des CFL, ceci dans la rue Gabriel Lippmann à Munsbach, à côté de l'immeuble sis au n°12 et sur le parking public Ënnert der Haart à Schuttrange.

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 24 septembre 2025 portant sur une modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant les modifications temporaires du règlement de circulation communal précitées a été approuvée par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 3 octobre 2025 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 9 octobre 2025, sous la référence n° 322/25/CR.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

# SOCIAL REUSE

## Wiederverwenden statt Wegwerfen!

Geben Sie Ihre funktionsfähigen Geräte für den **Social ReUse** weiter. Bringen Sie Ihre gebrauchten, aber noch funktionstüchtigen oder reparierbaren Geräte in den dafür vorgesehenen ReUse-Bereich beim Ressourcencenter oder bei der Annahmestelle der *SuperDrecksKëscht®* ab. **Wichtig: Ihre Zustimmung zur Weiterverwendung im Rahmen des Projekts „Social ReUse" ist Voraussetzung.**

### Annahmekriterien:

**Laptops:** max. 10 Jahre alt
(Etiketten auf Unterseite beachten)

**Smartphones/Tablets:** max. 7 Jahre alt

**Kleingeräte** (z.B. DVD-Player, Audio):
max. 5 Jahre alt

**Nur vollständige Geräte mit Kabel, intakt oder reparierbar, keine Korrosion.**

## Réutiliser au lieu de jeter !

Donnez vos appareils fonctionnels pour le projet **Social ReUse**. Apportez vos appareils usagés mais encore fonctionnels ou réparables dans la zone ReUse du centre de ressources ou au point de collecte mobile *SuperDrecksKëscht®*. **Important: Votre accord pour la réutilisation dans le cadre du projet «Social ReUse» est indispensable.**

### Critères d'acceptation :


**Ordinateurs portables :** max. 10 ans
(étiquette sous l'appareil)

**Smartphones / Tablettes :** max. 7 ans

**Petits appareils** (ex. lecteurs DVD, audio) :
max. 5 ans

**Appareils complets avec câble, fonctionnels ou réparables, sans corrosion.**

## Elektro-Kleingeräte
## Petits appareils électriques
## Small electrical appliances



## Reuse instead of Throwing Away!

Donate your functional devices for the **Social ReUse** project. Bring your used but still working or repairable devices to the ReUse area at the Resource Center or at the *SuperDrecksKëscht®* mobil collection point. **Important: Your consent for reuse as part of the Social ReUse project is required.**

### Acceptance Criteria:

**Laptops:** max. 10 years old (check label underneath the device)

**Smartphones/Tablets:** max. 7 years old

**Small devices** (e.g. DVD players, audio equipment): max. 5 years old

**Devices must be complete with cables, functional or repairable, and free of corrosion.**

ecotrel
association sans but lucratif

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®

# Die Zahlen in der Fairtrade-Kaffeebranche





**592**
**Fairtrade-Kaffee-Kooperativen**

**775 709**
**Produzenten und Arbeiter**

**In 31 Ländern**

Die Fairtrade-Hauptproduzentenländer sind:
Peru, Kolumbien und Honduras

**+95 %** — **95 % sind Arabica-Kaffee**

**+53 %** — **53 % des produzierten Fairtrade-Kaffees sind auch aus biologischem Anbau**

**+33 %** — **33 % der Fairtrade-Kaffeeproduzenten sind Frauen**

**+25 %** — **Die Produktion von Bio- und Fairtrade-Kaffee ist seit 2020 um ein Viertel gestiegen**

### Studien

**Mehrere Studien zeigen, dass Kaffee-Produzenten mit Fairtrade-Zertifizierung ein höheres Einkommen und eine größere wirtschaftliche Stabilität genießen als Produzenten von nicht-Fairtrade-zertifizierten-Kooperativen:**

Zum Beispiel haben Fairtrade-Kaffee-Produzenten in Nicaragua 50% und Fairtrade-Kaffee-Produzenten in Indien sogar 66% höhere Nettoeinkommen im Vergleich zu Produzenten aus nicht-Fairtrade-zertifizierten-Kooperativen.



## Die Gesichter hinter dem Fairtrade-Kaffee

Jede Tasse erzählt eine Geschichte. Lernen Sie die Menschen kennen, die unseren Kaffee möglich machen – mit Herz, Leidenschaft und Vision. Sie pflanzen nicht nur Kaffebohnen, sondern gestalten eine gerechtere und nachhaltigere Zukunft.

*„Das Klima ist unberechenbar geworden: Manchmal regnet es zu viel, dann wieder gar nicht, und oft ist es zur falschen Zeit viel zu heiß. Das bringt uns große Herausforderungen. Mein Mann und ich haben mit der Unterstützung von Fairtrade verschiedene Maßnahmen ergriffen, um unsere Kaffeepflanzen zu schützen – Schattenbäume, schützende Maisfelder und Wasserrückhaltebecken. Diese Maßnahmen zeigen bereits Wirkung. Ich hoffe sehr, dass meine Tochter eines Tages ebenfalls vom Kaffeeanbau leben kann – doch dafür müssen wir jetzt handeln.“*



Ana Christina,
Mitglied der Kooperative
COOPFAM in Brasilien



*„Fairtrade war für unsere Kooperative eine große Bereicherung. Ich persönlich habe von den durch Fairtrade finanzierten Projekten profitiert, insbesondere von der Installation von Solartrocknern, die die Qualität unseres Kaffees deutlich verbessern, indem sie einen optimalen Feuchtigkeitsgrad sicherstellen.“*

Angelica María Escobar Valencia,
Mitglied der Kooperative Manizales in Kolumbien

*„Die Zusammenarbeit mit Fairtrade hat uns viele Erfolge gebracht: sie ermöglicht uns den Zugang zu internationalen Märkten und hat unser Verständnis für die Erhaltung von hochwertigem Kaffee wesentlich vertieft.“*

Aimable Nshimiye, Geschäftsführer der Kooperative
Abateraninkunga ba Sholi in Ruanda



Scannez le QR-code pour retrouver toutes les informations dans notre communiqué de presse :

# Le commerce équitable confirme son ancrage au Luxembourg !

Dans un contexte mondial incertain, marqué par des crises interconnectées, dont l'intensification des phénomènes climatiques extrêmes, l'instabilité des prix, et l'adaptation aux exigences de législations européennes, les producteurs, productrices, travailleurs et travailleuses d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes sont plus que jamais fragilisés.

Au Luxembourg, malgré un contexte économique encore tendu, l'engagement des fidèles consommateurs et des partenaires luxembourgeois en faveur du commerce équitable ne faiblit pas. Bien au contraire : il progresse et devient une véritable illustration du bon sens citoyen. Choisir des produits certifiés Fairtrade, c'est soutenir des conditions de vie dignes, protéger l'environnement et affirmer une solidarité concrète envers celles et ceux qui, non seulement sont en première ligne de ces bouleversements, mais sont aussi à la base de notre alimentation.



## Chiffres généraux 2024

**85 €**

La dépense moyenne par habitant pour des produits labellisés Fairtrade, **soit une progression de 6 euros par rapport à l'année précédente.**

**+10 %**

Le chiffre d'affaires enregistré pour les produits labellisés Fairtrade vendus au Luxembourg a atteint 57,2 millions d'euros, **soit une croissance de 10 %.**

**5 907**

À la fin de l'année 2024, 5 907 références certifiées Fairtrade étaient disponibles sur le marché luxembourgeois.

**60 %**

Une majorité d'entre eux (60 %) portent également le label biologique.




**267**

267 entreprises partenaires distribuent des produits certifiés Fairtrade sur le marché luxembourgeois, dont 30 preneurs de sous-licence luxembourgeois (+3 par rapport à 2023 : Kichelcher.lu, CafeTree Coffee Truck & Roastery et La Provençale).

## Cacao, noix de cajou, coton : le « triple C » en tête

**Le cacao Fairtrade :** une filière qui rebondit en douceur… et en force !

- 611 tonnes de cacao ont été vendues en 2024
- Une augmentation de 11 %

**Les noix de cajou Fairtrade :** un produit d'exception plébiscité par les consommateurs

- 3 180 kg vendus en 2024
- **Une augmentation de 48 %**

**Le coton Fairtrade** fait un bond significatif grâce à un partenariat local fort.

- 41,9 tonnes vendues en 2024
- Une augmentation de 17 %

## Focus sur quelques autres filières Fairtrade

**Les bananes Fairtrade :** un pilier solide du commerce équitable au Luxembourg

- 2 283 tonnes ont été vendues en 2024
- Une augmentation de 11 %

**Le café Fairtrade :** une résilience notable, grâce à un fort engagement local

- 457 tonnes vendues en 2024
- Une diminution de 5 %

**Les roses Fairtrade :** une filière en difficulté

- 1 268 249 tiges de roses et bouquets équitables ont été vendus en 2024
- Une diminution de 35 %

**Les tomates Fairtrade :** une filière en pleine expansion

- 86,5 tonnes ont été vendues en 2024
- Une augmentation de 15 %

# Savourez l'équité : découvrez le premier livre de recettes « Fairtrade Gemeng » !

Dans le cadre du programme **Fairtrade Gemeng**, porté par **l'ONG Fairtrade Lëtzebuerg**, les communes certifiées ont relevé un défi à la fois gourmand et solidaire : inviter leurs habitants et acteurs locaux à créer des recettes intégrant des produits Fairtrade.

Le résultat est une **compilation savoureuse et engagée**, imaginée par celles et ceux qui soutiennent le commerce équitable au quotidien à travers leurs choix de consommation responsables.

Vous y découvrirez comment associer des produits Fairtrade en provenance d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine ou des Caraïbes avec des ingrédients locaux, offrant ainsi une manière de cuisiner **alliant plaisir, justice sociale et respect de la planète**.




Ce n'est pas seulement un livre de recettes : c'est **une véritable ode à l'engagement citoyen**, un outil concret pour passer à l'action. Vous y trouverez notamment **10 idées pour transformer ce livre en moments de sensibilisation**, et un défi : partagez-le avec votre entourage pour multiplier son impact !

Un immense merci à toutes celles et tous ceux qui ont contribué à ce projet grâce à leur créativité culinaire.

**À vos tabliers et bon appétit solidaire !**

**Un grand bravo à la « Fairtrade Gemeng» d'Esch-sur-Alzette**, grande gagnante du concours, grâce à la mobilisation du Service Jeunesse !

Comme le dit Marjorie Lefort : « *À Esch, nous pensons que bien manger, c'est aussi cuisiner avec conscience. Le défi recettes Fairtrade a été une super occasion d'agir de manière concrète dans un esprit d'échange, de convivialité et de partage. Dès que cela est possible, nous choisissons des produits équitables – un petit geste pour nous mais un grand impact pour un monde plus juste et solidaire.* »

Pour accéder au super livre des recettes « Fairtrade Gemeng », c'est par ici :






# St George's International School wird zur 27. „Fairtrade-School" Luxemburgs!



Am 12. Juni 2025, dem Welttag gegen Kinderarbeit, erhielt die St George's International School offiziell die „Fairtrade-School"-Zertifizierung und ist somit Teil der wachsenden Fairtrade-Schulfamilie in Luxemburg.

Zur Feier dieses besonderen Engagements nahmen 350 Schülerinnen und Schüler an der gemeinsamen Performance im Rahmen der Kampagne #DancingAgainstChildWork teil – einer Initiative von Fairtrade und der Organisation „Kinderarbeit stoppen". Mit ihrer mitreißenden Aktion setzten sie ein starkes Zeichen im Kampf gegen Kinderarbeit und machten aufmerksam auf die erschütternde Realität, dass allein in Westafrika noch immer 1,6 Millionen Kinder auf Kakaoplantagen arbeiten – eine direkte Folge der systemischen Armut in der Kakaoproduktion.

Herzlichen Glückwunsch an die gesamte Schulgemeinschaft der St George's International School Luxembourg für ihr vorbildliches und nachhaltiges Engagement!

POST LUXEMBOURG
PORT PAYÉ PS/606
PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à L-3290 BETTEMBOURG

**SEPTEMBRE 2025 – N°81**

IMPRESSUM : **ÉDITEUR** Fairtrade Lëtzebuerg a.s.b.l. • 2a, rue de la Gare • L-6910 Roodt-sur-Syre • (+352) 35 07 62 • info@fairtrade.lu **RÉDACTION** Geneviève Krol • Steven Urbanski • Théo François • Charlotte Goka • Valérie Murat • Benoît Parisot • Carole Dieschbourg • Jean-Pierre Blanc • Marjorie Lefort **PHOTOS** Fairtrade Lëtzebuerg • Raiffeisen • Moulin JP Dieschbourg • Rethink Your Clothes • Commune d'Esch-sur-Alzette • St George's International School **LAYOUT** Comed **IMPRESSION** Reka Print +

Imprimé sur du papier recyclé

FAIRTRADE LËTZEBUERG

FAIRTRADE.LU

# EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



Albino Riega, producteur et membre de la coopérative NorAndino, travaille dans sa plantation de cacao à Quemazon, au Pérou ©Fairpicture

## THE POWER OF THE MANY !

À l'approche des fêtes de fin d'année, le chocolat sous toutes ses formes s'invite toujours à nos tables et dans nos cadeaux. A nous de rendre justice à celles et ceux qui font naître notre gourmandise préférée.

**Mission n° 1 : je me décide**
Si j'offre du chocolat, alors issu du commerce équitable il sera ! Plus nous serons nombreux à choisir le chocolat Fairtrade, plus notre impact sur la vie des producteurs et travailleurs du cacao sera grand. Du carré du soir à la boîte de chocolats offerte à nos proches, chaque bouchée compte.

**Mission n° 2 : je passe à l'action**
Facile ! Aujourd'hui, les douceurs Fairtrade sont partout. Et si mon magasin n'en propose pas, je lui en demande. *The future is fair* - dès maintenant avec nos cadeaux et dans nos caddies.

**Mission n° 3 : je transforme**
Chaque achat responsable change des vies et contribue à démocratiser un modèle économique basé sur le respect. En choisissant des produits Fairtrade, je soutiens des prix justes, des conditions de travail dignes et un avenir durable pour les producteurs et travailleurs.

## SOYONS TOUS SOLIDAIRES

Les défis et risques de la filière cacao sont nombreux : travail forcé des enfants, absence d'un revenu vital, violations des droits humains et environnementaux, discrimination des genres, déforestation, dérèglement climatique ou encore crise inflationniste, les producteurs et productrices de cacao ont besoin de notre solidarité et de notre soutien. **Pour les jours des fête et toute l'année, restons unis avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.**



# Aufruf zum Schutz unseres Grundwassers und zur ordnungsgemäßen Meldung bestehender Entnahmebohrungen und -brunnen, denn...

**... 50% des Trinkwassers in Luxemburg stammt aus Quellen und Bohrungen, die das Grundwasser anzapfen. Ein neues, vollständiges Inventar aller Entnahmebohrungen und -brunnen erlaubt einen effizienten Schutz unseres Grundwassers, der uns allen zugutekommt. In diesem Sinne weist die Wasserverwaltung auf die Bedingungen für Grundwasserbohrungen und Brunnen hin und ruft alle BürgerInnen dazu auf bestehende Brunnen ordnungsgemäß zu melden.**

### Zwei Genehmigungen erforderlich

Für die Entnahme von Grundwasser aus neuen Bohrungen, sind zwei Genehmigungen und eine Vorabprüfung (Screening) der EIE (Evaluation des incidences sur l'environnement) nötig.

Weitere Informationen sind dem unten, als QR-Code verlinkten, kompletten Flyer zu entnehmen.

### Die Grundwasserfassung - Was es zu beachten gilt

Zum Erhalt einer Genehmigung ist der adequate Schutz des Grundwassers Voraussetzung. Es dürfen keine Schadstoffe in das Grundwasser gelangen und der Zugriff von Unbefugten muss unterbunden werden. Das Beispiel einer genehmigungsfähigen Bohrung zur Grundwasserentnahme findet sich in der anschließenden Abbildung.

### Anschluss


Die Leitungen des öffentlichen Trinkwasserversorgers und die der privaten Grundwasserfassung dürfen in keinem Fall direkt miteinander verbunden werden. Dies um eine Kontamination des Trinkwassernetzes der Gemeinde zu verhindern.

Rückschlagventile stellen keinen ausreichenden Schutz dar. Beide Wasserleitungen müssen unabhängig voneinander sein (physische Trennung).

Ein Beispiel für eine physische Trennung ist in der unten dargestellten Abbildung zu sehen.

### Inventar

Um ein neues, vollständiges Inventar aller Bohrungen und Brunnnen erstellen zu können, bitten wir Sie das Meldeformular (QR-Code) auszufüllen und an uns zu übermitteln.




Grafik: HumanMade

Administration de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg

# ON PEUT TOUS SAUVER UNE VIE.

## TÉLÉCHARGEZ L'APP STAYING ALIVE LU.




**Si un arrêt cardiaque survient dans votre périmètre :**

1. Soyez alerté.
2. Intervenez.
3. Sauvez une vie.

**Téléchargez l'application**

App Store

Google Play

CGDIS

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

# Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall

**Mat Second-hand Vëloe fiert et sech grad esou gutt**



fixit!

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

**An de leschte Joren ass et an Europa zu engem richtege Vëlo-Boom komm: ëmmer méi Leit setzen op dëst prakteschte, gesond a klimafrëndlecht Gefier.**

Domat ass och en dynamesche Secondhand-Marché entstanen, wou ee qualitativ gutt Vëloen zu engem gënschtege Präis fanne kann. Eng flott Alternativ fir all déi, déi op nohalteg Mobilitéit setzen.

Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht vun Initiativen déi Vëloen aus zweeter Hand ubidden an nach ganz vill aner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share". **Kuckt eran!**

**meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit**

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on

## ADMINISTRATION COMMUNALE DE SCHUTTRANGE

2, Place de l'Eglise - L-5367 Schuttrange

commune@schuttrange.lu
www.schuttrange.lu

**Heures d'ouverture du bureau de la population - état civil**

Mé-Do • Lu-Je • Mo-Th ____ 08:00 - 11:30
____ & 13:00 - 16:00

Fr • Ve • Fr ____ 08:00 - 14:00

**Op Rendez-vous • Sur rendez-vous • By appointment**

Dë • Ma • Tu ____ 16:00 - 18:30

Fr • Ve • Fr ____ 07:00 - 08:00

**ACCUEIL** — **35 01 13 - 1**
Natascha Parage-Kimmel
Sandy Lucius

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
Claude Marson, *bourgmestre*
Serge Eicher, *échevin*
Conny Ney, *échevine*

**SECRÉTARIAT** — **35 01 13 - 220** — *secretariat@schuttrange.lu*
Alain Dohn, *secrétaire communal*
Annick Gut
Joëlle Huberty
Robert Mannes
Ranjit Neuman
Victor Neumann
Kelly Sepulveda, *secrétariat du Service technique*

**BUREAU DE LA POPULATION - ÉTAT CIVIL** — **35 01 13 - 250** — *population@schuttrange.lu*
Vincent Niclou, *chef de service*
Barbara Cash
Ronny Lux

**RECETTE COMMUNALE** — **35 01 13 - 230** — *recette@schuttrange.lu*
Mireille Reding, *receveur communal*

**SERVICE FINANCIER** — **35 01 13 - 230** — *facturation@schuttrange.lu*
Florian Altmann
Laurent Hartz
Cécile Stronck

**RELATION PUBLIQUES** — **35 01 13 - 600** — *relations.publiques@schuttrange.lu*
Vicky Seibert-Jungbluth, *cheffe de service*
Philippe Lentz
Larry Da Luz

**DÉVELOPPEMENT DURABLE** — **35 01 13 - 260**
Daniel Flies

**SERVICE URBANISME** — **35 01 13 - 260** — *urbanisme@schuttrange.lu*
Tania Velez, *cheffe de service*
Cédric Néré

**SERVICE TECHNIQUE** — **35 01 13 - 240** — *servicetechnique@schuttrange.lu*
Daniel Paciotti, *chef de service*
Rodrigo Claudio
Raoul Petry
Michel Schommer
Paul Schummer
Daniel Giallombardo, *agent municipal*

**ATELIER TECHNIQUE** — **35 01 13 - 262**
Serge Hoffmann

**SERVICE CONCIERGERIE** — **35 01 13 - 340**
Oliver Pleyer

**ENSEIGNEMENT** — **35 98 89 - 320**
Joëlle Max, *présidente du Comité d'école*
Steve Back, *service scolaire*

**MAISON RELAIS & CRÈCHE** — **35 98 89 - 371** / **621 154 707**

**SCHËTTER JUGENDHAUS** — **26 35 07 90**

**CENTRE FORESTIER** — **247 56 694** / **247 56 688** / **621 202 102**
Pit Lacour, *préposé-forestier*

**RECYCLING CENTER** — **34 72 80**

**OFFICE SOCIAL** — **27 69 29 - 1**

**SERVICE DE MÉDIATION** — **621 673 648** — *mediation@schuttrange.lu*

**POLICE** — **113**

**POLICE SYRDALL** — **244 78 1000**

**APPEL D'URGENCE** — **112**

**Eau : Permanence en dehors des heures de bureau: 35 01 13 298**